Honnertzwielef 112

DE MAGASINN
VUN DE LËTZBUERGER
POMPJEEËN

NOVEMBRE 2024/N°13

12
ACTUALITÉS
28 neue Rettungstransportwagen für das CGDIS

28
LA VIE À LA CASERNE
Buanderie vum CIS Luxembourg stellt sech vir

34
SOUS LES PROJECTEURS
Secourir la population, du nourrisson au sénior

58
DERRIÈRE LES COULISSES
Dispositif prévisionnel de secours – D'Visite vum Poopst François

CGDIS
CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

PUBLIÉ PAR
Corps grand-ducal d'incendie et de secours

CONTACTS

En cas d'urgence : 112

Numéros utiles :

Standard téléphonique :	4977- 11
Service communication :	49771-2046
Département des pompiers volontaires :	49771-2332
INFS (formation) :	49771-2500

E-mail :
info@cgdis.lu

Contact rédaction :
communication@cgdis.lu

ADRESSE
3 Boulevard de Kockelscheuer, L-1821 Luxembourg

PRODUIT PAR
Direction générale - Service communication

CONTACT
communication@cgdis.lu

Impression
Printing OSSA - Niederanven

© 2024 CGDIS

Tous droits réservés.
Toute reproduction ou adaptation, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite du CGDIS.

FSC
MIXTE
Papier | Pour une gestion forestière responsable
FSC® C179465

myclimate
Notre impact.Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655

PHOTO: CGDIS

COVER
Groussen Undrang huet den 22. September zu Iechternach beim Séi geherrscht. Net ouni Grond, de CGDIS huet seng 3. Editioun vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile do stattfanne gelooss.

Edito

Als Optakt vun eiser 13ter Ausgab vum Magasinn 112 wëlle mir Iech en Abléck a verschidden Evenementer ginn, a profitéiere fir Iech verschidden Informatioune matzedeelen.

Mir géifen d'Geleeënheet notzen fir iwwert d'Organisatioun vun der Buanderie vum CIS Luxembourg ze berichten an de Changementer déi si am Joer 2024 virgeholl hunn. An deem Kontext fannt dir och e klenge Bericht iwwert inklusiv Éischthëllefscoursen hei am Grand-Duché.

5 Joer no hirer Grënnung hu mer de Chef vun der Base SAMU Luxembourg 2 gefrot eis en Interview an en Abléck an hiren Alldag um CNIS ze erméiglechen.

Et erwaart eis eng flott Fotoreportage iwwert d'Journée Nationale de la Sécurité Civile, déi dëst Joer am Zeeche vun der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht stoung an den 22. September um Iechternacher Séi war.

Nom Wiessel vun den Decideurs politiques am Conseil d'administration vum CGDIS géife mer Iech d'Aarbecht vun dësem méi no bréngen an de President vum Verwaltungsrot fir en Interview gesinn.

De Groupe de sauvetage aquatique (GSAQ) bericht eis iwwert en interessante Stage zu Marseille am Centre national de Plongée.

Mir géifen och emol hannert d'Coulisse vun der Poopstvisite de 26. September kucken an eis den Historik vun der Alertéierung opweise loossen.

Ech erlaabe mir Iech elo schon e rouegt Enn vum Joer 2024 ze wënschen fir dat mir 2025 mat frëschem Elan zesummen ugoe kënnen.

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen.

Paul Schroeder
Directeur général

Sommaire

12

28

ACTUALITÉS

06 Un oeil sur de Grand-Duché
22 Un oeil sur la planète

LA VIE À LA CASERNE

28 Buanderie vum CIS Luxembourg
32 Inklusiver Erste-Hilfe-Kurs
34 Secourir la population, du nourisson au sénior

SOUS LES PROJECTEURS

40 Journée Nationale de la Sécurité Civile
46 Le conseil d'administration du CGDIS
50 Den Alain Becker am Interview

DANS LES TUYAUX

54 Stage GSAQ zu Marseille
57 Der Verkehrsunfall im Tunnel

DERRIÈRE LES COULISSES

58 Visite vum Poopst François

62 Kategorisatioun vun den CISen

LA RELÈVE EST ASSURÉE

64 Jugendcamps

DÉCOUVERTE

68 Alarmierung der Rettungsdienste - Gestern und Heute

SUR LA TOILE

70 #cgdis112

DANS NOS RANGS

72 Den «Officier Development Program» vun der FEU

74 Tirage au sort JNS avec Lio

74 Wanterquiz

Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est en pleine croissance. Les projets sont nombreux et l'actualité autour des pompiers au Luxembourg mais également à l'étranger est bouillonnante. En voici un petit aperçu.

Actualités

LUXEMBOURG

Den CGDIS-Summertour 2024 mam Inneminister Léon Gloden

CGDIS CGDIS

Dëst Joer huet den éischte Summertour mam Inneminister Léon Gloden, dee säit Enn 2023 mat sengem Mandat als Inneminister de Ministère de tutelle vum CGDIS vertrëtt, stattfonnt. Wärend dësem Summertour goufen iwwer véier Deeg Visitten a verschiddene Centres d'incendie et de secours (CIS) uechtert d'Land organiséiert. Déi Deeg hunn et erméiglecht dem Minister de Fonctionnement vum CGDIS méi no ze bréngen an den direkten Austausch mat de fräiwëllegen a professionelle Pompjeeën um Terrain ze förderen.

De Start vum Tour, dee vun enger Delegatioun vum Ministère des Affaires intérieures an dem Comité directeur vum CGDIS begleet gouf, war de 15. Juli an der Zone de secours Sud, mat Visitten am CIS Esch-sur-Alzette an am CIS Sanem-Differdange. Dës zwee CIS'e gëllen, mat hire jeeweils iwwer 100 Memberen an ëm 7.000 Asätz d'Joer, als wichteg Stäipe fir de Rettungsdéngscht am Süde vum Land.

Am Kader vum Summertour gouf och d'Geleeënheet genotzt, de neie Büro vun der Zone de secours Sud um Belval a Präsenz vum Inneminister Léon Gloden, an dem President vum Verwaltungsrot vum CGDIS, Alain Becker, feierlech anzeweien.

De 16. Juli war d'Delegatioun vum Summertour an der Zone de secours Nord, déi bal 45% vum Land ofdeckt. Hei gouf de Fokus op de CIS Nordstad geluecht, deen 2022 duerch d'Fusioun vun den Zenteren Ettelbruck an Diekirch entstanen ass an ëm 150 Pompjeeën a senge Reien zielt. Donieft goufen och de CIS Clervaux an de CIS Wiltz besicht.

De 25. Juli, stoung am Zentrum vum Land de Besuch vum Centre d'appui logistique et technique (CALT) zu Lëntgen um Programm, wou de ganze logistesche Volet vum CGDIS geréiert gëtt.

De 26. Juli gouf de Summertour an der Zone de secours Est mat Visitten an de Zenteren CIS Echternach, CIS Rosport a CIS Grevenmacher-Mertert ofgeschloss.

Mat den Ablécker an déi 4 Zone vum Land an déi verschidden CIS'en, déi all ënnerschiddlechen Erausfuerderungen ausgesat sinn, konnt de Minister en detailléierten Abléck an d'Aarbecht vun de Pompjeeë kréien an den direkten Dialog mat den Acteuren op de verschiddene Plaze förderen.

Eng flott Geleeënheet, déi de Wëssensaustausch an d'Kooperatioun tëscht Politik an de Rettungsdéngschter stäerkt.

BUREAU ZONAL DE LA ZONE DE SECOURS SUD / LUXEMBOURG

Mise en service vum zonale Bureau vun der Zone de secours Sud

CGDIS CGDIS

A Presenz vum Inneminister Léon Gloden a vum President vum conseil d'administration vum CGDIS, Alain Becker, huet de 15. Juli déi offiziell Mise en service vum zonale Bureau vun der Zone de secours Sud stattfonnt.

14 Mataarbechter garantéieren hei den administrativen a logistesche Service, sou wéi de Volet Formatioun a Preventioun vun den 3 Gruppementer, Kordall, Belval a Ginzebierg, a vun de Centres d'incendie et de secours (CIS) déi do drafalen.

Net manner wéi 22.642 Asätz goufen et 2023 an der Zone de secours Sud, wat 1/3 vun den Asätz am ganze Grand-Duché ausmécht.

LUXEMBOURG

Assermentation de cinq officiers pompiers professionnels

CGDIS CGDIS

Le 26 septembre 2024, presque deux ans après leur entrée en stage, cinq officiers pompiers professionnels ont été assermentés par, Monsieur Alain Becker, président du conseil d'administration du CGDIS.

Les cinq candidats ayant suivi avec succès de nombreuses formations et stages pratiques au cours des deux dernières années sont dorénavant prêts à assumer leurs responsabilités tant dans le domaine du management en back-office que lors d'opérations de secours.

A l'occasion de la cérémonie qui s'est tenue dans les locaux du Centre National d'Incendie et de Secours, le Directeur de la coordination opérationnelle, Tom Barnig, leur a officiellement remis leur grade de Lieutenant ainsi que leur chasuble de Chef de peloton, fonction opérationnelle qu'ils remplissent dès lors en autonomie.

Tout en leur souhaitant satisfaction dans leurs nouveaux défis, nous tenons à leur exprimer nos sincères félicitations.

CNIS

Assermentation de 11 pompiers professionnels et d'un expéditionnaire technique dirigeant

CGDIS CGDIS

Le 21 novembre 2024, le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) a célébré l'assermentation de 11 pompiers professionnels et d'un expéditionnaire technique dirigeant. Après deux années de formation théorique et pratique, ces nouveaux membres rejoindront leurs affectations dans les Centres d'incendie et de secours du Luxembourg dès le mois prochain.

La cérémonie s'est tenue au Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS) en présence du ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, du président du conseil d'administration du CGDIS, Alain Becker, et du Directeur général, Paul Schroeder. Les familles et proches des assermentés ont assisté à cet événement marquant dans leur parcours professionnel.

Dans son discours, Paul Schroeder a félicité les nouveaux pompiers pour leur succès et leur a donné des conseils pour faire face aux urgences, insistant sur le respect des collègues, de la hiérarchie et des citoyens. Alain Becker a rappelé le rôle essentiel du personnel administratif et la coopération indispensable entre pompiers professionnels et volontaires.

Le ministre Gloden a souligné l'importance de trois piliers pour le bon fonctionnement du CGDIS : un personnel formé, des équipements adaptés et des infrastructures modernes, tout en mettant en avant les relations avec les communes pour la protection civile.

Le CGDIS continue de recruter pour renforcer la sécurité des citoyens. Une nouvelle campagne de recrutement de pompiers professionnels et d'officiers débutera en mars 2025, avec une journée d'information prévue le 15 mars pour les candidats intéressés.

LUXEMBOURG

28 neue Rettungstransportwagen für das CGDIS

CGDIS CGDIS

Stetig steigende Einsatzzahlen sowie auch eine rasante Entwicklung der Anforderungen bei Rettungseinsätzen sind unter anderem der Ansporn des CGDIS, um seine Flotte an Rettungstransportwagen (RTW) kontinuierlich weiter zu entwickeln und auf einem hohen Level der Technik zu halten.

Zusätzlich ist die seit der ersten Generation der CGDIS-Rettungstransportwagen nach und nach eingeführte Standardisierung der Beladung und deren sicheren Verlastung eine Stütze der Qualitätssteigerung der CGDIS-Dienste gegenüber den Patienten.

Ab Herbst 2024 bis voraussichtlich erstem Trimester 2025 werden 28 weitere Rettungstransportfahrzeuge (RTW) der 3. Generation in den Einsatz genommen. Die Auslieferung dieser Fahrzeuge erfolgt über verschiedene Lose, wodurch diese sich über einen längeren Zeitraum erstreckt. Nach einer europäischen Ausschreibung Ende 2022 erhielt die Firma WAS GmbH im Februar 2023 den Zuschlag zur Lieferung dieser 28 Fahrzeuge. Globale wirtschaftliche Gründe sind verantwortlich für eine schleppende Fertigung sowie Auslieferung an den CGDIS. Seit dem 1. Trimester 2023 hat das CGDIS wiederholt Verzögerungen in der Fertigung und Verspätungen in den vereinbarten Teillieferungen erfahren müssen. Basierend auf die positiven Erfahrungen mit den vorherigen Generationen geht das CGDIS dennoch davon aus, dass die neuen Fahrzeuge bald einsatzbereit zur Verfügung stehen werden.

Gegenüber den letzten im Jahre 2022 ausgelieferten Fahrzeugen des gleichen Aufbauherstellers wurden einige Anpassungen gemacht, bedingt durch die Änderung der internationalen Norm für Rettungsdienstfahrzeuge EN 1789 sowie die Weiterentwicklung des vom CGDIS gebrauchten Einsatzmaterials. Zusätzlich hat sich das Fahrgestell aufgrund der Modellentwicklung durch europäisch definierte Änderungen in Sachen Fahrassistenzsysteme und Abgase ganz leicht geändert, was aber im Gebrauch der Fahrzeuge sehr wenig Auswirkungen haben sollte. Aufgebaut sind die im Zulauf befindlichen Fahrzeuge, wie bei den letzten Generationen, auf einem Mercedes-Benz Sprinter-Fahrgestell mit einem zul. Gesamtgewicht von 5.300 kg. Das gesamte Fahrzeug bietet für insgesamt 6 Personen Platz, 5 Personen auf den jeweiligen zugelassenen Sitzplätzen in Fahrerraum und Patientenraum sowie 1 Person auf der Krankentrage. Der Innenausbau zum Rettungstransportwagen unterscheidet sich sehr wenig von der Generation von 2022. Verbesserungen wurden an den elektromechanischen Zuziehhilfen der gesamten Türen des Kofferaufbaus, als auch in der Zuverlässigkeit des mechanischen Seitentrittes, getätigt. Zur zusätzlichen Heckabsicherung des Fahrzeuges wurde die Sicherheitsbeklebung am Heck auf den nach hinten zeigenden Schrankwänden wiederholt, um eine noch effektivere Nachtsichtbarkeit bei geöffneten Hecktüren zu erreichen.

Gemäß den aktualisierten Sicherheitsbestimmungen in der EN-Norm für Rettungsdienstfahrzeuge wurde eine elektronische Gegensprechanlage installiert, um die Kommunikation zwischen dem Fahrer- und Patientenraum zu verbessern. Diese in Fachkreisen als INTERCOM-Anlage bezeichnete Installation beinhaltet neben Lautsprechern Drucktaster an den beiden in Fahrtrichtung verbauten Sitzplätzen des Patienten- als auch am Lenkrad

des Fahrerraums. Diese Anlage ermöglicht eine sichere, bessere und schnellere Kommunikation zwischen den einzelnen Parteien im Fahrzeug, ohne sich z.B. von seinem Sitz zu erheben.

Ein Hauptaugenmerk in dieser RTW-Generation ist der Austausch des bestbekannten halbautomatischen Monitoring-/Notfall-Defibrillators Physio Control LP15 und der ersatzlose Wegfall des AED Physio Control LP1000 durch ein neues Gerät vom Typ CORPULS C3T. Dieses Gerät vereint, neben einigen anderen Funktionen, weiterhin das Monitoring eines Patienten, als auch das halbautomatische Defibrillieren eines Patienten im Falle einer Reanimation. Im Gegensatz zu den früheren Geräten des Herstellers Physio Control hat dieses neben vielen anderen Punkten den Vorteil, dass es ohne Aufwand ebenfalls eine Defibrillation an Kleinkindern ermöglicht. Aus diesem Grund wird der AED LP1000 in dieser RTW-Ausstattungsvariante nicht mehr benötigt. Das CORPULS C3T-Modell besteht aus 3 Modulen, welche entweder gemeinsam als Einheit oder einzeln getragen oder transportiert werden können:

- Monitoreinheit;
- Patientenbox;
- Defibrillator-/Schrittmacher-Einheit.

Diese modulare Bauweise ermöglicht es dem Personal, ergonomischer und effektiver arbeiten zu können, da gleichzeitig auch verschiedene Befestigungsmöglichkeiten im Fahrzeug und an der Krankentrage vorhanden sind. Zusätzlich zur lokalen Benutzung und Patientendatenverarbeitung sind diese Geräte für eine direkte Datenübertragung zur Einsatzleitzentrale oder in ein Krankenhaus vorbereitet. Somit wurde ein weiterer Schritt zur effektiveren Rettungskette der Zukunft ermöglicht.

Es muss aber zu diesem Thema erwähnt sein, dass die nationale Umstellung auf CORPULS C3T etappenweise erfolgt und während einer Übergangszeit beide Geräte im Dienst bleiben. Es kann also bei Einsätzen mit mehreren Verletzten vorkommen, dass beide Gerätetypen parallel im Einsatz sind.

Neben diesem neuen Hauptbestandteil der medizinischen Ausrüstung in den RTW wurde auch ein neuer Treppentragenstuhl im Geräteraum G4 der Fahrzeuge verlastet. Dieses Gerät ist das Nachfolgemodell des aktuell im Einsatz befindlichen Stuhls und ist quasi identisch zu bedienen.

In Abstimmung mit der erfolgten Auslieferung der neusten Generation von HLF2 und LF2 ist diese Generation von RTW mit den Energie-Kennzeichnungsschildern gemäß ISO17840 versehen. So zeigt sich das CGDIS als Vorreiter und Vorbild in Sachen Sicherheit.

Schlussfolgernd kann man feststellen, dass die Fahrzeuge von Generation zu Generation ausgereifter und standardisierter werden, um den Patienten und dem Rettungsdienstpersonal, sei es ehrenamtlich oder beruflich, eine größere Sicherheit bieten zu können.

Verbesserungspotenziale von Arbeitsgruppen wurden aufgegriffen und nach Möglichkeit umgesetzt. Das Thema einer elektrohydraulischen Krankentrage konnte in diesem Anschaffungsverfahren noch nicht berücksichtigt werden. Dieser Punkt ist aber innerhalb der einzelnen zuständigen Direktionen des CGDIS in Bearbeitung, und es wird in nächster Zeit zu einer Testphase kommen.

Mit der Inbetriebnahme der neuen Generation von RTWs in allen Rettungswachen des CGDIS werden wieder ältere Modelle außer Dienst gestellt. Diese Fahrzeuge werden in den Werkstätten des Departement Charroi et logistique begutachtet und je nach Zustand in Zusammenarbeit mit den Aufbauherstellern wiederaufbereitet. Das Thema «Aufbereitung» (umgangssprachlich «Refurbishment») von Bestandsfahrzeugen ist ein Teil der sogenannten Kreislaufwirtschaft, an dem der CGDIS, sowie viele andere Rettungsdienste im nahen Ausland, aus ökologischen und ökonomischen Gründen in Zukunft nicht vorbeikommen. Deshalb lohnt es sich weiterhin an diesem Thema der RTWs dranzubleiben, da hier in den nächsten Jahren noch weitere Neuheiten beim CGDIS erscheinen werden.

SCHENGEN

Passage vun der olympescher Flam zu Schengen

CGDIS CGDIS

Dëst Joer hunn d'Olympesch Spiller vum 24. Juli bis den 11. August 2024 zu Paräis stattfonnt. Traditiounsgeméiss huet duerfir d'olympesch Flam virum Optakt vun de Spiller aus Griicheland op Paräis misse bruecht ginn. Aus dem Grond ass d'Flam den 8. Mee 2024 géint 19 Auer am Hafe vu Marseille ukomm an huet sech vun do aus an Etappen duerch ganz Frankräich op de Wee a Richtung Paräis gemaach.

Duerch déi symbolesch Wichtegkeet vum traditionelle Fakellaf gouf decidéiert, dass d'olympesch Flam och zu Schengen passéiere sollt, fir d'europäesch Relevanz vun dësem Standuert z'ënnersträichen. D'Etapp, bei där d'Flam vu Frankräich iwwer d'Duerf Apach an Däitschland iwwer Perl gereest ass, fir uschléissend e kuerzen Halt zu Schengen, Lëtzebuerg, ze maachen, war fir de 27. Juni geplangt. Dëse Passage sollt déi zweete Kéier markéieren, wou d'olympescht Féier op Lëtzebuerger Buedem war.

Dësen Halt sollt net nëmmen d'Bedeitung vun der Flam als Symbol fir Fridden a Vëlkerverbindung ënnersträichen, mee och déi europäesch Symbolik vu Schengen ervirhiewen, déi mat dem bekannte Schengener Ofkommes verbonnen ass. Fir dës Geleeënheet gehéierend ze feieren, gouf am Kader vun engem grousse Volleksfest eng feierlech Begréissungszeremonie organiséiert. Nieft S.K.H. Groussherzog Henri hunn och vill Éieregäscht aus dem In- an Ausland un dësem speziellem Ereegnes deelgeholl.

Fir d'Sécherheet um ganze Wee an den Dräi-Länner Eck ze garantéieren, sinn d'Virbereedungsaarbechten ënnert der Leedung vum Präfekt vum Département de la Moselle an Zesummenaarbecht mat de franséischen Ambassaden zu Lëtzebuerg an Däitschland, der lëtzebuergescher Ambassade a Frankräich, der Coordination Nationale pour la Sécurité des Jeux Olympique 2024 (CNSJ), eisem Ministère des Affaires intérieures, der Police, der Gendarmerie souwéi de Rettungsdéngschter aus dem Département de la Moselle, dem Saarland an aus Lëtzebuerg ugelaf. Duerch d'Schengener Ofkommes, dat fir Europa eng

besonnesch héich symbolesch Bedeitung huet, goufen net nëmme sécherheetstechnesch Aspekter berécksiichtegt, mee och déi rechtlech Ufuerderunge waren net ze vernoléissegen.

Op Ufro vun de franséischen Autoritéiten ass d'Zone de secours Est iwwert eise Generaldirekter Paul Schroeder vum Inneministère mandatéiert ginn, fir d'Organisatioun vum "Dispositif prévisionnel de sécurité" (DPS) op lëtzebuergescher Säit ze iwwerhuelen. Dës Missioun gouf an enker Zesummenaarbecht mam Département Planification vun der Direction de la stratégie operationelle vum Département de la Moselle ausgefouert.

Mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Schengen goufen déi néideg Eckdate gesammelt, déi et eis erméiglecht hunn, eng éischt Risikoanalyse ze erstellen. Dës Analyse gouf am Laf vun der Zäit, unhand vun zousätzlechen Informatiounen déi eis zu Verfügung gestallt goufen, kontinuéierlech ugepasst.

Den DPS fir de Passage vun der olympescher Flam ass doropshin sou anticipéiert ginn, dass am Fall vun engem Virfall, direkt mat adäquate Mëttelen hätt kéinte reagéiert ginn. Ee vun de gréissten Defie war dobäi, den Dispositif sou un d'potenziell Geforen unzepassen, dass en trotzdeem sou diskret wéi méiglech bléiwe konnt. Duerch dës Virgab huet den Challenge doraus bestanen, eng Plaz fir de Poste de commandement avancé (PCA) ze fannen, deen net aus engem ELW3 bestoe sollt, an déi passend Opstellplaze fir eis Equippen um Terrain ze definéieren.

Fir de PCA ass dofir de Site vum GIS CYNO um Konzerwee zu Schengen ausgewielt ginn. Well dëse Site vum CGDIS verwalt gëtt, konnten déi néideg technesch Installatiounen ouni weider

Schwieregkeete vum IT-Personal vum CGDIS a vun der Logistik-Equipe aus der Zone de secours Est opgeriicht ginn.

D'Equipe vum PCA huet sech aus engem COS (CCIE), zwee Chefs de Peloton (CPel) a fënnef Officiers de liaison (OL) zesummegesat. Déi fënnef OL waren de Chef vum GSAQ, jeeweils ee Vertrieder vun den däitschen an de franséische Rettungsdéngschter, ee Vertrieder vun der Police grand-ducale an ee Vertrieder vun der Gemeng Schengen.

Als Standuert fir een Deel vum Dispositif ass d'rue Hemmeberg ausgewielt ginn, wëll dës Strooss parallel zur rue Robert Goebels läit, wou déi olympesch Flam ukomm ass. Dëse Standuert war mat engem RTW vu Réimech, dem Véhicule de secours et d'assistance aux victimes (VSAV2) vun der Unité opérationnelle Sierck-les-Bains, dem LF Schengen an engem Binôme Moto-SAP besat.

Een aneren Deel vum Dispositif huet aus zwee Rettungsbooter op der Musel bestanen, déi mat international gemëschte Rettungsschwëmmer-Equippen aus deenen dräi Länner bemannt waren. Eng weider Konditioun vum CNSJ war, dass mindestens een LF an een RTW misst reng fir d'Sécherheetszone vun der Flam virgesi ginn. De gesamten Effektiv vum DPS op lëtzebuergescher Säit huet sech soumat aus 8 Leit am PCA a 27 Leit um Terrain zesummegesat.

Zousätzlech zum DPS a fir ënnert anerem och de Potentiel Opérationnel Journalier ze garantéieren, waren nach e weideren RTW, een HLF, een TMF, een AB-PMA vum Centre de Soutien Logistique an ee Pick-Up fir de Pelotonschef am CIS Remich souwéi den RW an LF am CIS Schengen kasernéiert. Soumat huet sech den totalen Dispositif aus 57 Leit zesummegesat.

Wéinst der grousser Unzuel u Leit, déi fir dës Manifestatioun ageplangt waren, an der ëmfangräicher Organisatioun, déi mam Event verbonne waren, gouf een detailléierten "Ordre d'opération" (ODO) ausgeschafft. Dëst Dokument déngt dozou, all asazrelevant Informatiounen un déi bedeelegt Equippe weiderzeleeden. Ënnert anerem enthält en eng präzis Beschreiwung vun der Situatioun, eis Missioun, d'Objektiver, d'Iddie fir de Manöver an d'Virgoensweis am Fall vun engem Eeschtfall.

Duerch d'Engagement an den Altruismus vun alle bedeelegte Membere vum CGDIS, déi bei der Organisatioun a beim Passage vun der olympescher Flam de 27. Juni 2024 matgewierkt hunn, ass et eis gelong dëse bedeitenden a symbolkräftege Moment zu engem schéinen a sécheren Evenement ze maachen.

LUXEMBOURG

Sensibiliséierung a Bien-être am CGDIS

CGDIS CGDIS

Am Joer 2024 sinn am Numm vun der Sensibiliséierung ronderëm d'Thema vum Bien-être am CGDIS dräi Evenementer besonnesch zelebréiert ginn: de Weltfraendag (8. Mäerz), de lëtzebuergeschen Diversity Day (14. Mee), an d'Semaines de la Santé Mentale (07. bis den 20. Oktober). Hei e puer weiderféierend Informatiounen dozou.

De Kontext

Am Kader vum Plan National d'Organisation des Secours (PNOS) ass e multidisziplinäre Kommitee gegrënnt ginn, deen sech mat der Präventioun vu psychosoziale Risike respektiv der allgemenger Förderung vum Bien-être am CGDIS befaasst (Komitee RPS). Seng Membere komme souwuel aus den Direktioune wéi vum operationellen Terrain. Dëse Komitee koordinéiert ë. a. zwee Aarbechtsgruppen: een zur Präventioun vu Suchterkrankungen, an een zu den Themen Diversitéit, Egalitéit an Inclusioun.

Och dës Gruppen si besat mat Leit aus ville verschiddene CGDIS-Kontexter.

An dëse Gruppe gëtt z. B. vill u Mesuren aus dem Beräich vun der Formatioun geschafft, souwuel op laang Siicht wéi och am Kontext vun eenzelne Sensibiliséierungs Evenementer.

Sou huet de Service développement RH am Optrag vum Aarbechtsgrupp Diversité & Egalité dëst Joer de Workshop **„LeadHERship am CGDIS"** op Ulass vum Weltfraendag organiséiert. Et gouf och e Workshop zum lëtzebuergeschen **Diversity Day** als Intro an d'Thema vun der Diversitéit an zur Gefor vun onbewosste Stereotypen a Virurteeler organiséiert. Ausserdeem huet d'Ekipp vum Développement RH am Optrag vum Komitee RPS d'**Semaines Santé Mentale 2024** koordinéiert. De Service communication huet op Ulass vum Weltfraendag eng Videokampagne op Social Media lancéiert, fir geschlechtsbezunnene Stereotyppen a Bezuch op d'Aarbecht beim CGDIS ze briechen.

Wat ass do genau gemaach ginn?

De Workshop «LeadHerShip» huet sech spezifesch u Frae geriicht, déi berufflech beim CGDIS beschäftegt sinn. D'Aarbechtspsychologinnen aus dem Service

développement RH hunn sech mat de Participanten zum Thema professionell a perséinlech Weiderentwécklung a Leadership auserneegesat. D'Participanten hunn am Viraus psychometresch Perséinlechkeets- a Leadership-Tester ausgefëllt. Sur place kruten si en Abléck an hir Resultater, fir sech hiren eegene Stäerkten a Schwächte méi bewosst ze ginn. Et goufen och Méiglechkeete fir Echangen an e bessert Kenneléieren ënnerteneen.

De Workshop zum Diversity Day ass gehale ginn duerch en externe Formateur an eng Formatrice aus Däitschland. Si hunn an di verschidden Dimensioune vun Diversitéit agefouert souwéi déi historesch, aktivistesch Hannergrënn vun dëser Beweegung erkläert. Och hunn se op d'Gefore vun onbewosste Stereotypen a Mikro-Aggressiounen opmierksam gemaach. Et goufe vill Diskussiounen ugestouss, un deenen sech d'Participanten, déi nees aus ganz ënnerschiddleche Kontexter koumen, intensiv bedeelegt hunn.

D'Semaines Santé Mentale ginn all zwee Joer op nationalem Niveau duerch d'Ligue Santé Mentale organiséiert. Nodeems de CGDIS virun zwee Joer schonn eng Kéier matgemaach hat, ass dëst Joer en nach méi villfältege Programm zesummegestallt ginn, accessibel fir all seng Memberen. Spezifesch si Cours'en a Premiers Secours en Santé Mentale STANDARD a YOUTH organiséiert gi. Et si och Workshops ronderëm Stressbewältegung a –präventioun, Psychohygiène fir «Helfer», Aféierung an d'Relaxatioun a Gesond Ernierung gehale gi. Dëst gréisstendeels mat Formatricen aus eisen eegene Reien.

Wisou grad dës Themen?
Och haut ass et nach oft esou, dass een op Management-Positioune manner Frae virfënnt wéi Männer. Dofir ginn et verschidde Grënn: Oft sinn et ëmmer nach d'Fraen, déi an de Familljen de Gros vun der sougenannter Care-Aarbecht iwwerhuelen, also sech verhältnismëisseg méi em d'Kanner, de Stot, aner Familljememberen etc. këmmeren. Dofir bidden sech flexibel Aarbechtszäiten an Tâche mat manner wéi 100% un, wat fir vill Leit – an heiansdo effektiv och konkret an der Praxis – net mat enger Management-Positioun kompatibel ass. Och associéieren déi traditionell Geschlechterrollevirstellungen d'Ufuerderunge vun enger Management-Plaz éischter mat klassesch männleche wéi weiblechen Eegenschaften – z. B. duerchgräife kënnen, selbstbewosst optrieden, décisiounsstaark si vs. Fürsorglechkeet, Empathie a Kompromëssbereetschaft. Natierlech wësse mer hautzedaags, dass all dës Eegenschafte fir eng gutt Féierungspersoun vu Relevanz sinn an dass se souwuel bei Frae wéi bei Männer optriede kënnen. Trotzdeem bedeit dat, dass Fraen oft méi Erausfuerderunge begéinen, wann se eng Carrière am Management ustriewen. Dat ze berücksichtegen, zousätzlech Hëllefsstellunge mat op de Wee ze ginn an den Echange ënnerteneen ze förderen ass also eng wichteg Mesure um Wee zu engem méi diverse Management.

Nieft dem **Geschlecht** ginn et nach aner Dimensioune vun Diversitéit, déi duerch d'Gesetz virun Diskriminatioun geschützt sinn. Dozou gehéieren **d'Ethnizitéit an d'Nationalitéit, also d'Originnen, di sexuell Orientéierung, den Alter, d'Präsenz vu Behënnerunge souwéi d'Relioun an Iwwerzeegungen**. Och hei ass et sou, dass mir all beim Opwuessen, duerch Contenu'en an de Medien etc. leider ëmmer rëm mat bestëmmte Biller a Kontakt kommen, déi sech zu Stereotyppen/Virurteeler entwéckele kënnen. Doraus kënne Mikro-Aggressiounen entstoen, déi engem mol net ëmmer bewosst sinn. An och hei ginn et jee no Kontext Erausfuerderungen, déi een oft net realiséiert, wann een net selwer betraff ass. Grad an sou enger villfälteger Gesellschaft wéi zu Lëtzebuerg ass et dofir wichteg, bestoend Praktiken innerhalb vun Organisatioune reegelméisseg kritesch ze hannerfroen. Dat gëllt och fir dat eegent Verhalen – fir dass mir eis all mat d'selwecht vill Respekt begéinen an di selwecht Chancen an Entwécklungsméiglechkeeten hunn. De Management spillt hei natierlech eng besonnesch wichteg Roll.

Schlussendlech kann eng beanträchtegt mental Gesondheet duerch villes provozéiert ginn – duerch déi genannten Erfarunge vun Diskriminatioun, sief et bewosst oder onbewosst, duerch Problemer am Privatliewen, ze vill Stress op der Aarbecht, schwiereg Asätz etc. – an heiansdo och einfach duerch biologesch Veränneren am Kierper. De wichtegste Facteur hei heescht **Präventioun**. Wat een an sou engem Fall éischter handelt, wat d'Chancen op Besserung méi héisch sinn. Dofir ass et sou wichteg, dass mer all gutt openeen oppassen an drop uschwätze, wa mer mierken, dass et Persounen aus eisem Ëmfeld net sou gutt ze goe schéngt. Unzeechen dofir kënne sinn, wa Leit reegelméisseg krankgemellt sinn, sech sozial zréckzéien, permanent midd wierken, net méi no sech ze kucke schéngen etc. D'Éischt-Hëllef-Cours'en a mentaler Gesondheet (Premiers Secours en Santé Mentale / PSSM) ginn hei souwuel Fachwësse mat op de Wee wéi och konkret Handlungsoutil'en, fir eng betraffe Persoun unzeschwätzen. Dofir ginn se am CGDIS och ausserhalb vun de Semaines Santé Mentale reegelméisseg organiséiert, souwuel fir berufflech wéi fir fräiwëlleg Memberen. Wann ee bei der Fonction publique schafft, kann een se och op eegen Initiativ iwwert den INAP beleeën oder generell direkt iwwer d'Ligue Santé Mentale.

WICHTEG LINKS:

PSSM-Cours'e beim INAP:

PSSM-Cours'en direkt bei der Ligue Santé Mentale:

Flyer mat Ulafstelle beim CGDIS:



LUXEMBOURG

Nouveau système d'alerte national «LU-Alert» : Une protection accrue pour tous les citoyens

CGDIS CGDIS

Le 17 octobre 2024 marque le lancement officiel de LU-Alert, le tout nouveau système d'alerte national destiné à renforcer la sécurité de la population au Luxembourg. Développé sous l'égide du ministère des Affaires intérieures et en collaboration avec diverses autorités publiques, ce système vise à informer les citoyens rapidement et efficacement en cas d'urgence, de crise ou de danger imminent.

Une réponse modernisée aux crises
LU-Alert se veut une évolution des systèmes d'alerte traditionnels pour s'adapter aux avancées technologiques et aux besoins modernes de communication. Grâce à une plateforme électronique unique, il permet une diffusion d'alertes par divers canaux : SMS géolocalisés, Cell Broadcast, application mobile, site internet, et autres médias digitaux. Ce système multicanal garantit une couverture optimale en fonction de la situation et de l'ampleur de l'événement, offrant aux citoyens une information précise et immédiate.

Les acteurs connectés à LU-Alert
Plusieurs autorités publiques peuvent désormais transmettre des alertes via LU-Alert, assurant ainsi une coordination interservices efficace. Parmi celles-ci figurent :

- Le Haut-Commissariat à la protection nationale (HCPN) ;
- Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), pour la gestion des interventions de grande envergure ;
- La Police grand-ducale ;
- Le département météorologique de l'Administration de la navigation aérienne (MeteoLux)
- L'Administration de la gestion de l'eau (AGE) ;
- L'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) ;
- Le ministère des Affaires étrangères et européennes.

D'autres autorités publiques viendront s'ajouter progressivement pour assurer une couverture encore plus large.

Une protection personnalisée pour chaque citoyen.

Le système LU-Alert propose également une application mobile gratuite, disponible sur l'Apple App Store et Google Play. Elle permet aux utilisateurs de personnaliser leurs alertes selon des lieux précis (domicile, travail) et de recevoir des notifications adaptées à leurs besoins et à leur localisation.

Avec LU-Alert, le Luxembourg se dote d'un outil de gestion des crises robuste et à la pointe de la technologie, visant à protéger les citoyens de manière rapide et fiable.

DANEMARK

Un pompier du CGDIS remporte la médaille d'or de tennis aux « World Firefighters Games »

CGDIS CGDIS

Chaque année depuis 1990, plus de 3000 membres des services de secours participent aux championnats du monde sportifs des pompiers. Cette année, la compétition s'est tenue mi-septembre à Aalborg au Danemark et les participants se sont affrontés dans plus de 40 disciplines sportives allant du basketball au triathlon en passant par la pétanque ou la planche à voile.

Le Lieutenant Mike SCHEIDWEILER, officier au sein du Centre d'incendie et de secours Nordstad est revenu du Danemark auréolé d'une médaille d'or pour le Luxembourg remportée au tennis.

Après s'être hissé en demi-finale, il a largement dominé son adversaire venu d'Hong-Kong sur un score sans appel de 6-0, 6-0 avant de remporter la finale contre le slovaque Ivan Kurimsky dans un match très serré en trois sets (4-6, 6-4, 10-8).

Lieutenant-Colonel Guy Bernar

Lieutenant-Colonel Christopher Schuh

ZONE DE SECOURS SUD / LUXEMBOURG

Passation de commandement à la zone de secours Sud : Le Lieutenant-Colonel Christopher Schuh succède au Lieutenant-Colonel Guy Bernar

CGDIS

Après une carrière riche en défis, notamment dans sa fonction de chef de la zone de secours Sud, poste qu'il occupe depuis la création du CGDIS, le Lieutenant-Colonel Guy Bernar a décidé de prendre sa retraite bien méritée.

À l'issue d'une procédure de recrutement, le conseil d'administration a, lors de sa séance plénière du 26 septembre 2024, nommé le Lieutenant-Colonel Christopher Schuh au poste de chef de la zone de secours Sud, avec effet au 1er décembre 2024.

Dans une future édition du magasine «Honnertzwielef 112», nous couvrirons la cérémonie de passation de commandement qui aura lieu mi-décembre et donnerons la parole au chef de zone sortant ainsi qu'à son successeur.

Photo: UN/Arthur Daniel

CARAÏBES ORIENTALES

La réponse du Luxembourg à l'Ouragan Beryl – Juillet 2024

L'ouragan Beryl a eu un impact dévastateur sur les îles des Caraïbes orientales, en particulier sur la Grenade et Saint-Vincent-et-les-Grenadines. À la Grenade, Beryl a touché terre sous la forme d'un ouragan de catégorie 4, causant d'importants dégâts structurels, en particulier aux habitations et aux infrastructures essentielles. Les coupures de courant et les inondations ont été fréquentes sur toute l'île, et de nombreuses zones ont été gravement endommagées par le vent. À Saint-Vincent-et-les-Grenadines, des pluies intenses ont provoqué des crues subites, des glissements de terrain et des pertes agricoles, affectant fortement les moyens de subsistance locaux. Les deux nations insulaires ont dû faire face à des efforts de redressement en raison de l'ampleur des dégâts, ce qui a mis à rude épreuve les ressources de la région.

Afin de soulager les populations locales, le Bureau de la coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (UN OCHA) a rapidement déployé une équipe UNDAC dans la région. Un collaborateur du CGDIS faisait partie de l'équipe UNDAC (Lisez son témoignage sur les prochaines pages). En parallèle, une équipe de l'International Humanitarian Partnership (IHP), composée entre autres de pompiers volontaires du GIS HIT, a été déployée dans la région afin de soutenir les efforts de coordination de l'équipe UNDAC (lisez plus sur les défis et détails de cette mission sur les prochaines pages).

UNDAC
United Nations Disaster Assessment and Coordination

L'équipe d'évaluation et de coordination des Nations Unies en cas de catastrophe, ou, United Nations Disaster Assessment and Coordination (UNDAC) est une unité d'intervention rapide du Bureau de la coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (UN OCHA). Elle est déployée pour apporter un soutien crucial aux pays touchés par une catastrophe, immédiatement après une catastrophe naturelle ou provoquée par l'homme.

Qu'est-ce qu'UNDAC ?
Créé en 1993, UNDAC est un système mondial conçu pour aider les Nations Unies et la communauté internationale à coordonner les interventions en cas de catastrophe. Il est composé d'experts formés par les gouvernements, les agences des Nations Unies et les ONG, spécialisés dans la gestion des catastrophes et les interventions d'urgence. Ces membres sont en attente et peuvent être rapidement déployés dans les zones sinistrées à la demande du pays touché ou de l'ONU.

Comment fonctionne UNDAC ?
Le rôle principal de l'UNDAC est de soutenir les autorités locales et les intervenants internationaux dans la coordination des secours d'urgence. Ses opérations s'articulent autour de trois grands axes :

L'évaluation: les équipes de l'UNDAC procèdent à des évaluations rapides sur le terrain afin d'obtenir une vue d'ensemble des dégâts, des besoins et des priorités d'intervention. Ces données permettent d'orienter la réponse de la communauté internationale et de s'assurer que l'aide est apportée efficacement là où elle est le plus nécessaire.

Coordination: l'équipe de l'UNDAC aide à mettre en place et à soutenir les systèmes de coordination locaux à la suite d'une catastrophe. Elle facilite souvent la création de centres de coordination tels que les centres de coordination des opérations sur place (OSOCC) et les centres de réception et de départ (RDC) afin de rationaliser l'aide entrante et d'assurer la cohérence des efforts de secours.

Gestion de l'information: les équipes de l'UNDAC rassemblent et partagent des informations essentielles concernant l'impact de la catastrophe, la réponse humanitaire et les lacunes à combler. Il s'agit souvent de cartographier les zones touchées, d'identifier les secteurs prioritaires pour l'assistance et d'établir des canaux de communication entre toutes les organisations qui interviennent.

Déploiement et réponse rapide
Les équipes de l'UNDAC peuvent être déployées dans les 12 à 48 heures suivant une catastrophe. Ces déploiements sont déclenchés lorsque le gouvernement du pays touché, ou une agence des Nations Unies agissant en son nom, demande officiellement de l'aide. Les déploiements sont conçus pour compléter et renforcer les capacités locales et nationales, et non pour les remplacer.

Soutien aux efforts de coordination locale
Un aspect essentiel du travail de l'UNDAC consiste à renforcer la capacité des autorités locales à gérer et à coordonner les opérations de secours. Ils travaillent en étroite collaboration avec les agences locales de gestion des catastrophes pour intégrer les efforts internationaux dans les cadres d'intervention nationaux, en veillant à ce que l'aide soit acheminée de manière rationnelle et efficace.

Photos: CECDIS / Humanitarian Intervention Team

CARAÏBES ORIENTALES

Interview mam Yves Legil: Humanitär Hëllefsefforte mat der UNO

De Yves Legil schafft beim CGDIS, des Weideren ass hien och fräiwëlleg um United Nations Disaster Assessment and Coordination (UNDAC) roster. Als UNDAC Member kann hien iwwerall op der Welt geruff gi fir, no enger Katastrophe, humanitär Hëllef ze koordinéieren. Dëst war de Fall am Juli vun dësem Joer, wou hien, nom Hurrikan Beryl, op d'Union Island an der Karibik geschéckt gouf fir do Hëllefsoperatioune vun de verschiddenen UN Agence ze koordinéieren. Mir hunn eis mat him ënnerhale fir seng Impressioune vun der Missioun ze héieren.

Wéi hues du dech op dës Missioun virbereet?
Et war net vill Zäit fir Virbereedung. Nodeems ech d'gréng Luucht vum United Nations Office for the Coordination of Humanitarian Affairs (OCHA) zu Genf krut hunn, war ech a manner wéi 12 Stonnen am Fliger fir an d'Karibik. Et huet ee meeschtens net vill Zäit fir sech ze preparéieren, dofir ass et wichteg dass een säin Ekipement ëmmer prett huet. Vue dass d'Katastroph an engem tropeschen Ëmfeld war, hunn ech fir dëst spezifesch Missioun, nieft menger Standardausrüstung, och en Zelt, Moustiquenetz, portabel Dusch, Solarpanneau'en, a Noutfall-Ratioune fir déi éischt Deeg agepaakt.

Wéi war d'Situatioun wéi's du ukomm bass?
No 12 Stonne Fluch bis an d'Haaptstad Kingstown hunn ech nach 4 Stonne mat der Fär gebraucht fir op d'Union Island ze kommen, wou ech stationéiert war. D'Zerstéierung vum Hurrikan war direkt siichtbar. Et stoung näischt méi! Déi puer Gebaier déi nach stoungen, haten natierlech keen Daach méi. 95% vun der Insel war zerstéiert. Ob der Insel gouf et kee Stroum, keng Kommunikatiounsméiglechkeeten, kee fléissend Waasser a keen Zougang zu Liewensmëttel. Zousätzlech hunn d'Leit hiren Offall dagdeeglech verbrannt, wat e staarken, verbrannte Geroch iwwer d'Insel verursaacht huet. Et huet e bëssen Zäit gebraucht fir sech un dee Geroch ze winnen.

Wat genee hues du do gemaach?
Ech war den UNDAC Teamleader a meng Haaptverantwortung war d'Hëllefsefforten op der Insel ze koordinéieren. Ech hat eng Equipe déi aus aacht Leit bestoung - zwee aner UNDAC Memberen, een Expert aus der EU, a véier Membere vun aner Hëllefsorganisatiounen (wei zum Beispill IHP an Atlas Logistics). Mir hunn eis "Base of Operation" an engem klengem Haus opgebaut, dat, glécklecherweis, nëmme kleng Schied erlidden huet. Am Ufank hu mir all Dag d'Fär an d'Haaptstad missen

Photos : CGDIS / Humanitarian Intervention Team

huelen, dat war eng 10-Stonne Rondrees. No e puer Deeg konnte mir eis Operatioune lokal duerchféieren an d'Hëllefsefforten direkt vun der Insel aus geréieren. Mir hunn zesumme mat de lokalen Autoritéite gekuckt vir genau erauszefannen, wat alles zerstéiert a wat nach ze gebrauche war. Ausserdeem hu mir zesumme festgeluecht, wat d'Prioritéite waren a gekuckt fir Hëllef erbäi ze kréien wat wéint der grousser Distanz zur Haaptstad schwiereg war. Am Ufank ass all Dag eng Fär gefuer, herno nach 3 Mol d'Woch. Et ass een sech wei vun der ganzer Welt ofgeschnidde virkomm.

Wéi hu dir mat de lokalen Autoritéiten zesumme geschafft?

Am Ufank war et eng Erausfuerderung. Mir haten nëmme limitéiert Ënnerstëtzung vun der Haaptstad, an d'lokal Autoritéite ware mat den Ausmoossen vun der Katastroph iwwerfuerdert. Mir kruten allerdéngs vill Hëllef vun der lokaler Communautéit, déi aktiv bei den Hëllefsaktioune gehollef hunn. Dëst huet schonn e groussen Ënnerscheed gemaach.

Wat war de markantste Moment op dëser Missioun fir dech?

Trotz den onheemlech schwierege Liewensbedingunge, huet d'lokal Bevëlkerung bemierkenswäert Widderstandsfäegkeet gewisen. Si hu souguer e klengt Duerffest organiséiert fir d'Moral vun der Gemeinschaft z'erhéijen a fir een den aneren ze encouragéiere staark ze bleiwen. Dee Moment huet mech wierklech markéiert, et war eng gutt Erënnerung un déi mënschlech Stäerkt fir an de schwieregsten Zäiten d'Hoffnung net opzeginn.

Photos: CGDIS / Humanitarian Intervention Team

CARAÏBES ORIENTALES

Soutien IHP pour l'équipe UNDAC

Voir 112 Magazine #12 de juillet 2024 p. 23 à 25 pour plus de détails sur IHP

L'International Humanitarian Partnership (IHP) joue un rôle crucial en tant que partenaire opérationnel pour l'équipe UNDAC. Lors de chaque déploiement, il est fréquent de voir des membres de l'IHP aux côtés des équipes UNDAC, renforçant leurs efforts de coordination à travers un soutien logistique essentiel, en garantissant des solutions d'hébergement, de communication, et d'autres services de subsistance sur le terrain. Cette collaboration s'est avérée à nouveau très fructueuse lors de l'opération dans les Caraïbes en juillet 2024.

Le 3 juillet, le Bureau de la coordination des affaires humanitaires des Nations Unies a sollicité l'appui logistique de l'IHP face à l'ampleur de la situation. En réponse, une équipe conjointe IHP Luxembourg-Norvège a rapidement été formée, prouvant une fois de plus la réactivité de ce partenariat. Dès le lendemain, le déploiement de deux membres du groupe d'intervention spécialisé – Humanitarian Intervention Team (GIS HIT), a été validé. Le 5 juillet, munis de plus de 750 kg d'équipement, Jérôme Jaeger et Philippe Hein prenaient place à bord d'un avion en direction de la Barbade, prêts à soutenir les opérations.

À leur arrivée dans les Caraïbes, les deux volontaires luxembourgeois ont rejoint leurs collègues norvégiens. Ensemble, ils ont déployé des infrastructures clés pour permettre à l'équipe UNDAC, ainsi qu'au personnel des Nations Unies et aux autres organisations sur place, de commencer rapidement leur travail dans des conditions optimales. Ils ont installé des tentes, des lits de camp, assuré l'approvisionnement en électricité et mis en place des systèmes de communication essentiels. Leur efficacité a permis à toutes les équipes présentes de fonctionner à plein régime en moins de 24 heures. De plus, l'équipe du CGDIS a apporté et installé des équipements de communication par satellite d'emergency.lu, rétablissant l'accès à Internet sur les îles de Carriacou et Union Island, deux zones particulièrement touchées par la catastrophe.

Après trois semaines d'intervention intense, marquées par des conditions difficiles et des nuits courtes, les deux volontaires luxembourgeois ont quitté les Caraïbes le 28 juillet. Épuisés, certes, mais avec un

Photos : CGDIS / Humanitarian Intervention Team

NOAA's GOES-16 Satellite

sentiment de fierté pour le travail accompli. Le bilan de l'opération a été extrêmement positif, grâce à la résilience et à l'engagement de toutes les équipes sur place.

Cette mission exemplaire met en lumière non seulement le rôle fondamental de l'IHP dans les réponses humanitaires, mais également l'engagement indéfectible du CGDIS à soutenir les interventions internationales d'urgence. Elle témoigne de la capacité du Luxembourg à apporter une expertise logistique et technique, ainsi qu'un soutien humain inestimable, dans les moments les plus critiques.

Photos: CGDIS / Humanitarian Intervention Team

D'Buanderie vum CIS Luxembourg stellt sech vir

Annick Baustert © CGDIS

Den Andy ass bei der Ekipp bekannt fir seng gutt Laun.

Just virun der Covid-Kris 2020 hu mir am CIS Luxembourg d'Pool-Wäsch agefouert, dëst an enker Zesummenaarbecht mam Fränz Speltz, Koordinator fir Hygiène a Sécherheet am CGDIS. Eng Pool-Wäsch bedeit, dass e Pompjee bei Déngschtuntrëtt sech frësch gewäsche Kleeder a sengem CIS kann huelen an des duerno rëm do ofgëtt ouni, dass en dës mat heem muss huele fir se ze wäschen. Domat gëtt de Risiko vun enger Verschleppung duerch contaminéiert Kleeder méi kleng gehalen an et ass och méi hygieenesch. Och no der Kris hu mir d'Pool-Wäsch, aus deene genannte Grënn, bäibehalen.

Fir eng Pool-Wäsch kënnen ze bedreiwen hu mer engersäits genuch Kleeder am Pool gebraucht an anersäits hu mer, niewent den deeglechen Aarbechte wei Material kontrolléieren, übe fir den Asaz a.s.w., och d'Wäsch missen um Radar hunn. Op all Schicht, am Dag oder an der Nuecht, hunn 1-2 Pompjeeën d'Aufgab kritt sech em d'Pool-Wäsch ze këmmeren. Et muss een umierken, dass mir a 24 Stonnen am Duerchschnëtt 37 Tenuen (Box, Polo, Pullover a Veste) a 60 Bueddicher wäschen an da sinn nach keng Brandtenuen a SAP Jacketten dobäi gerechent. Dobäi kënnt dass dës Pompjeeën natierlech och nach op Asätz fuere mussen a wärend dëser Zäit net kënne mat hire Pompjeeskolleegen übe respektiv sech net kierperlech an technesch op den Asaz preparéiere kënnen.

Mir hunn eis also Gedanke gemaach wei mir eis Pool-Wäsch kéinten anescht organiséieren a sinn op d'Atelier'en vum Yolande COOP opmierksam ginn. D'COOP huet 8 Ateliers d'Inclusion professionelle, ënner anerem de Wäschbuer zu Betzder. Hei schaffe Leit mat engem intellektuellen Handicap an engem geschützte Kader a gi lues a lues op den Aarbechtsmaart präparéiert.

Doropshin hu mir Kontakt mam Lynn Rocchio, Jobcoach bei «Elisabeth Handicap» opgeholl an en éischten Austausch huet stattfonnt. D'Roll vum Jobcoach ass et di jonk Leit op den ëffentlechen Aarbechtsmaart ze begleeden, ze kucke wat d'Persoun brauch fir dobausse kënnen ze schaffen. Se muss och d'Erwaardunge vum Patron kennen a kucke wat d'Ufuerderunge sinn déi gestallt ginn. Zesummen hu mir gekuckt wat d'Aufgabe bei eis an der Wäscherei sinn, wat eis Virstellungen an Erwaardungen un déi Persoun wieren déi eis bei der Wäsch géif hëllefen. Mir kruten den Atelier protégé «am Buer» mat sengen Aarbechtsberäicher erkläert a bei enger Porte ouverte gewisen. Nodeems eis zimmlech schnell kloer war, dass dëst vir béid Säiten e risege Gewënn kéint sinn hu mir dëse Projet gemeinsam gestart.

Ugefaangen hu mir mat enger Visite vu 4 potentielle Kandidate bei eis am CIS Luxembourg fir mol en éischten Abléck ze gi ween mir sinn, wat mir maachen a wéi eng Aarbechten hei bei eis op des Persoun an der Wäsch géifen duerkommen. Am Ufank vun der Visite hu mir nach a skeptesch a schei Gesiichter gekuckt mee zum Schluss huet dëst scho ganz anescht ausgesinn an et ass sech bal dorëm gestridde gi wien als éischt an de Schnupper-Stage vun 2 Wochen dierft kommen. Am Virfeld hu mir zesumme mam Lynn all eis Pompjeeën iwwert eise Projet informéiert a si och op den Ëmgang mat enger Persoun mat engem Handicap preparéiert. Den 18ten September 2023 war et dann esouwäit an den Andy Friden huet als

TEXTE & PHOTOS : Annick Baustert

éischte säi Stage bei eis ugefaangen. Am Ufank ass den Andy nach wärend puer Deeg vum Lynn begleet gi mee ganz schnell hu mir erkannt, dass déi verschidden Ofleef an Aufgabe fir hie keng Schwieregkeeten duergestallt hunn. Vum éischten Dag un huet den Andy sech mat senger positiver Aart a Weis an eis grouss Equipe vum CIS Luxembourg integréiert, soudass éischt Ängscht direkt verflu sinn. No deenen 2 Wochen ass et dem Andy an eis natierlech net einfach gefall Äddi ze soen, mee mir haten nach 2 weider Kandidaten déi an de Stage sollte kommen, an och deene wollte mir eng Chance ginn. Et war eis awer zimmlech schnell kloer ginn, dass mir den Andy hei am CIS wëllen hunn.

Och hien huet ongedëlleg dorop gewaart, dass mer him Bescheed soen dass e bei eis ufänke kéint. Sou dass hien eng Verlängerung vum Stage krut a schlussendlech de 15ten Januar 2024 fest bei eis am CIS Luxembourg ugefaangen huet. Un dëser Stell e grousse Merci un d'Departement Ressources humaines déi eis den administrativen Deel sou einfach wei méiglech gemaach an eis ënnerstëtzt hunn.

Séit Ufank des Joers ass den Andy elo fest an eiser Wäscherei agestallt an zënter hier huet sech do scho sou munches zum positive verännert. Duerch d'Erfarung déi den Andy aus der Wäscherei «am Buer» matbréngt huet en eis Wäscherei ëmorganiséiert an u sech ugepasst. Den Andy ass hei aus dem CIS net méi ewech ze denken an dëst läit net eleng un der Aarbecht déi en eis ofhëlt mee och u senger grousser Liewensfreed mat där en aner Leit ustécht. Op Moies um Appell mat der Equipe oder Mëttes beim Iessen den Andy ass iwwerall dobäi.

Ech wollt un dëser Stell all menge Leit am CIS Luxembourg e grousse Merci soe, si hunn alleguer dozou bäigedroen, dass dësen Häerzensprojet sou gelongen ass an och e grousse Merci dem Lynn Rocchio vun «Elisabeth Handicap» fir säin Engagement.

Puer Froen un den Andy:

Stell dech w.e.g. eng Kéier kuerz vir.
Mäin Numm ass Andy Friden a mäin Alter ass 31 Joer. Ech wunnen zu Betzder. Ech schaffe fest säit dem 15 Januar bei de Pompjeeën an der Buanderie mat enger ganz super Equipe, déi ech all Dag gesinn. Ech hunn net mei wëlles hei fort ze goe well ech si ganz zefridden hei.

Wat gefällt dir am Beschten hei op der Aarbecht?
Mäin Aufgabeberäich gefält mir gutt well ech mir d'Aarbecht ka selwer andeelen. Mir gefällt et och, dass ech selwer verantwortlech si fir meng Maschinnen. D'Pompjeescamionen déi ech all Dag gesi gefale mir och.
Ech hunn nei Kolleegen hei fonnt op der Aarbecht an den Teambuilding huet mir och gutt gefall.

Wat géif dir eng Freed maachen?
Mam Kran op der Parade kënne mat ze fueren.

Inklusiver Erste-Hilfe-Kurs im Institut St. Joseph

Info Handicap BULLETIN - Aline Claire Schmit © CGDIS

Schon im Jahr 2018 fand im Institut St. Joseph Betzdorf, einer Einrichtung von Elisabeth Handicap, ein Erste-Hilfe-Kurs in leichter Sprache statt. Damals noch in sehr vereinfachter Form und mit nur einem Teil der offiziell in Luxemburg vorgeschriebenen Informationen.

Schnell war klar, dass wir den Menschen mit einer Beeinträchtigung bei diesem Thema zu wenig zutrauen. Die Begeisterung war groß und alle Beteiligten wünschten sich einen ausgedehnten Kurs. So wurde die Formation nach dem Motto „Jeder kann helfen" immer weiter ausgebaut und den nationalen Standards angepasst.

Im Juni 2021 stellte ich als interne Erste-Hilfe-Ausbildnerin einen offiziellen Antrag beim CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours) damit auch Menschen mit einer Beeinträchtigung ein vollwertiges Diplom erhalten können, um dies beispielsweise bei ihrem Arbeitgeber vorlegen zu können.

Nach einigen Gesprächen mit dem CGDIS wurde das unter verschiedenen Voraussetzungen genehmigt:
Die Teilnehmer*innen müssen aktiv mitarbeiten, das Erlernte umsetzen und einer dritten Person genaue Anweisungen geben können, was im Notfall zu tun ist.

Der Inhalt der Formation bleibt der gleiche wie beim offiziellen Luxemburger Erste-Hilfe-Kurs. Es wird lediglich mit vielen Piktogrammen und Beispielen gearbeitet. Die Formation dauert deshalb auch drei Tage anstelle von zwei Tagen.

Teilnehmer*innen, die diese Anforderungen nicht erfüllen können, dürfen trotzdem teilnehmen, bekommen aber anstelle eines vollwertigen Diploms eine Teilnahmebestätigung.

Im Oktober 2021 kam die erste Anfrage von der UFEP, um den Erste-Hilfe-Kurs in leichter Sprache bei ihnen im Programm mit aufzunehmen. Es kam zu weiteren Gesprächen mit dem CGDIS und zwei Mitarbeiterinnen der Ligue HMC erklärten sich bereit, den Ablauf hinsichtlich leichter Sprache zu testen. Auch vom CGDIS wurde eine Mitarbeiterin bereitgestellt, um die Idee weiter auszubauen und mit zu begleiten.

Im November 2021 fand erstmals der Kurs „Erste Hilfe in leichter Sprache" bei der UFEP statt. Zurzeit wird die Formation bei Elisabeth Handicap und der UFEP angeboten. Auch die „Fondation Kräizbierg" hat bereits einen Antrag gestellt.

Bei Elisabeth Handicap findet die Formation in inklusiver Form statt. Betreuer*innen und zu Betreuende nehmen gemeinsam teil und profitieren von der besonderen Dynamik gemeinsamen Lernens.

Autorin: Aline Claire Schmit
Article publié dans «Info Handicap Bulletin»

En périphérie de la capitale, le SAMU Luxembourg 2 intervient sur l'ensemble du pays grâce à sa présence stratégique au sein du CNIS ainsi qu'à son équipe expérimentée, composée de médecins et infirmier(-ière)s anesthésistes. Unique en son genre, il multiplie les contacts étroits avec les autres SAMU et les instances du CGDIS.

Secourir la population, du nourrisson au sénior

TEXTE : Maison Moderne PHOTOS : CGDIS

Au Luxembourg, trois modèles de SAMU coexistent. Aujourd'hui, quatre bases se trouvent en milieu hospitalier, et plus particulièrement au CHL et à l'Hôpital Kirchberg à Luxembourg-Ville, au CHEM à Esch-sur-Alzette et au CHdN à Ettelbruck. Une autre base, située au Findel, réalise de son côté des interventions héliportées dans 95 % des cas.

Le SAMU Luxembourg 2, qui a vu le jour en 2019, a quant à lui été façonné à l'image du CGDIS. « Ce dernier a été créé pour répondre à un besoin. Dans un premier temps, de 2019 à 2022, le SAMU Luxembourg 2 a été stationné dans les locaux du CIS Hesperange, dans une ambiance à la fois familiale et professionnelle. Nous avons ensuite déménagé au sein du CNIS pour des raisons stratégiques », explique le Docteur Khamran Rabi, Médecin-chef de base.

Pour dissiper les doutes et inquiétudes sur ce premier SAMU décentralisé, l'équipe du SAMU Luxembourg 2 effectue son travail de la meilleure façon possible dans l'intérêt de la population. « Notre SAMU est devenu incontournable. Nous avons pour habitude de collaborer avec le personnel hospitalier et je réalise moi-même des échanges interdisciplinaires avec ces protagonistes pour mettre en œuvre des pistes d'amélioration. C'est un avantage de pouvoir se rendre en tant que médecin SAMU dans les différents établissements et de s'adapter à leurs processus de travail ».

Une localisation stratégique

Si le SAMU Luxembourg 2 a pris quartier au CNIS, ce n'est pas par hasard. Les avantages sont avant tout organisationnels. « Nous sommes entourés par toutes les instances du CGDIS : la Direction Médicale et de la Santé, l'Institut National de Formation des Secours qui dispose de tous les moyens nécessaires pour s'entraîner et enfin le CIS Luxembourg. Ces derniers sont les acteurs avec lesquels nous interagissons sur le terrain, lors de sauvetages compliqués par exemple. Nous avons pris l'habitude de débriefer ensemble après nos interventions communes afin de nous améliorer. C'est aussi bénéfique d'un point de vue psychologique ».

Autre atout considérable, la situation géographique du CNIS offre la possibilité aux membres du SAMU Luxembourg 2 d'intervenir rapidement dans des lieux plus difficilement accessibles à d'autres équipes. « Nous sommes très vite présents dans le centre-ville et pouvons aussi rejoindre les autoroutes en direction de Trèves, de Bruxelles, de Metz, mais aussi du nord. Notre référentiel prévoit un délai de départ de 3 min et nous arrivons à partir en moyenne en 1'30''/1'40'' ».

Le SAMU Luxembourg 2 intervient donc sur tout le territoire dès lors que sa présence est jugée nécessaire. « Nous intervenons auprès de l'ensemble de la population, des nourrissons jusqu'aux séniors et traitons les pathologies de médecine interne (douleurs thoraciques, syndrome coronarien aigu, crise épileptique), chirurgicale et traumatique. Nous sommes également présents lors de grands évènements comme l'ING Marathon, l'Iron Man ou encore le Picadilly à Remich. Deux fois par an, lors de la Fête Nationale et de la Saint-Sylvestre, nous effectuons une garde de 24h, ce qui est exceptionnel ».

Une équipe de médecins et d'infirmier(ère)s soudés

Contrairement aux bases hospitalières, le SAMU Luxembourg 2 dispose d'un groupe de dix anesthésistes travaillant pour différents hôpitaux :
un anesthésiste du CHdN et quatre de la clinique Ste Zithe (qui disposait de son propre site SAMU jusqu'en 2015). Cinq autres, dont je fais partie, ont travaillé pendant plus de dix ans pour le SAMU CHL avant de se consacrer pleinement à notre nouvelle base.

La taille de l'équipe permet à ses membres de travailler régulièrement ensemble et de connaître les méthodes de travail ainsi que les points forts et les points faibles de chacun. Un réel avantage pour effectuer les gardes quotidiennes de 6 à 22h et intervenir de façon optimale. « Nous fonctionnons toujours en binôme avec un médecin en anesthésie et un(e) infirmier(-ière) en anesthésie. Cela nous permet de travailler en confiance ».
Au bord de chaque véhicule, ces coéquipiers disposent de tout le matériel nécessaire : défibrillateurs, sacoche de traumatologie, sacoche spécifique pour les enfants, etc.

Collaborer pour mieux se former

Pour rester efficace sur le terrain, l'équipe du SAMU Luxembourg 2 veille

« Pour assurer nos missions quotidiennes, nous avons besoin de personnes flexibles et motivées. »

à se former régulièrement. « Nous sommes invités à participer aux exercices communs avec les pompiers qui sont généralement organisés par l'INFS. Il s'agit généralement de scénarios de sauvetage, c'est-à-dire de secours à personnes, dans lesquels les pratiques et les procédures aux interfaces critiques sont entraînées et élaborées de manière approfondie. Nous intervenons également dans des CIS à leur demande ».

Des collaborations sont aussi menées avec l'Unité Spéciale de la Police qui sollicite les médecins du SAMU Luxembourg 2 pour assurer une couverture médicale de secours à leurs missions présentant un potentiel de danger plus important. « Nous avons accueilli certains collègues de l'unité spéciale lors de stages afin d'approfondir les techniques de premiers soins post-traumatiques. En retour, nos médecins ont été invités à participer à leurs apprentissages pour pratiquer nos interactions dans leurs scénarios ».

Une concertation avec le LTPS permet enfin aux infirmier(-ière)s anesthésistes et réanimateurs de demain de réaliser leur première expérience en milieu préhospitalier durant quatre semaines. « Pour assurer nos missions quotidiennes, nous avons besoin de personnes flexibles et motivées. L'organisation de notre groupe est exigeante ».

À l'intérieur d'une voiture SAMU.

CGDIS

2019

Création du SAMU Luxembourg 2

2022

Déménagement au CNIS

10/10

n° de médecins et d'infirmier(ère)s anesthésistes

+2000

Nombre d'interventions réalisées annuellement

JOURNEE NATIONALE DE LA SECURITE CIVILE

TEXTE & PHOTOS : CGDIS

Groussen Undrang huet den 22. September zu Iechternach beim Séi geherrscht. Net ouni Grond, de CGDIS huet seng 3. Editioun vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile do stattfanne gelooss an sou net nëmme Pompjeesbegeeschterter mee och Famillen a Kanner d'Méiglechkeet ginn de CGDIS an de Rettungsdéngscht mat all sengen Unitéiten hautno ze erliewen an ze entdecken.

Ronn 7500 fräiwëlleg a berufflech Pompjeeën zielt de CGDIS, deenen dësen Dag gewidmet war. Fir hir alldeeglech Aarbecht a Bereetschaft ze schätzen hate mir d'Éier S.A.R. de Groussherzog Henri, den Inneminister, Léon Gloden esou wéi d'Iechternacher Buergermeeschtesch Carole Hartmann, um Site ze begréissen.

Schonn ugangs des Joers hunn sech déi verschiddensten Acteuren aus dem CGDIS zesummen un en Dësch gesat fir dës Editioun vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile zu enger onvergiesslecher ze gestalten.
Den Organisatiounscomité, bestoend aus Representanten aus der Zone de secours Est, dem Centre d'incendie et de secours Echternach a senger Amicale, der Direction Générale, dem Centre de Soutien Logistique, dem Département des Pompiers volontaires an dem Département Finances konnte virbildlech hir Expertise mat an d'Spill bréngen, soudass d'Op- an Ofriichten an den Dag selwer net nëmme reiwungslos iwwert d'Bün gaangen sinn mee de Visiteur och dat méiglechst Bescht gebuede krut. Wichteg ze betounen ass, dass ee fir eng Journée Nationale de la Sécurité Civile vun dësem Ausmooss net den Dag selwer ufänke kann opzebaue mee schonn déi ganz Woch virdrun.

Läschfliger, Waasser- an Helikopterrettung, Autosaccidenter, … langweileg ass et engem sécher net ginn
Iwwer 30 Stänn hu laanscht den Iechternacher Séi dofir gesuergt, dass de CGDIS an och seng Partner wéi d'Police, d'Arméi, d'Douane, d'Natur- a Bëschverwaltung awer och de Pompjeesmusée «an der Géitz», verschidden Organismes de secours agréés, a vill anerer, sech vun all hire Säite präsentéiere konnten.
Notamment dem CGDIS seng Groupes d'intervention spécialisés, kuerz GIS, op deenen de Fokus fir dës Editioun vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile loung, konnten unhand vu spektakulären Demonstratiounen de ganzen Dag iwwer weise wat se kënnen.

E ganz kloren Highlight ware sécherlech och d'Demonstratioune vun Aquarius AFF (Aerial Firefighting), déi mat hirem Läschfliger AT-802 "FireBoss" zwee Mol de Wee iwwert den Iechternacher Séi fonnt hu fir ze weise wéi esou e Waasser-Largage ausgesäit.

112, Pompjeeën Ambulanz, wat ass äre Noutfall ?
Wéi kann een dem Visiteur éischtens matdeelen, dass geschwënn nees eng Demonstratioun ufänkt an en awer gläichzäiteg och an d'Haut vun engem Pompjee versetzen?
De ganzen Dag iwwer ware simuléiert Appeller op den Noutruff 112 an de Gong wéi een en aus der Kasär zu Gaasperech kennt, ze héieren. De

TEXTE & PHOTOS : CGDIS

Gong ass d'Signal fir eis Pompjeeë, aus dem Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS), an den Asaz ze goen. Dëst soll dem Visiteur den Alldag vum Operateur awer och vun eise Pompjeeën e bësse méi no bréngen.

Rettung kennt keng Grenzen

Dat kléngt net nëmme gutt mee dat gëtt och am Alldag ëmgesat. Eis Rettung geet net just bis bei d'Landesgrenz mee och doriwwer eraus. Duerch divers Konventiounen a Kooperatiounen ass et eis erlaabt, zesumme mat eisen Nopeschlänner eng grenziwwerschreidend Rettung duerchzeféieren. Kooperatiounen, déi mir op der Journée Nationale de la Sécurité Civile 2024 realistesch duerstelle konnten.

Net nëmmen hunn auslännesch Unitéiten hei konnten hir Gefierer an hiert Material ausstelle mee si waren och e wichtege Bestanddeel an eisen Demonstratiounen. Ob et d'Feuerwehr an d'Technisches Hilfswerk vun Irrel mat enger Sandsakfëllanlaag war, den SDIS54 an SDIS57 aus Frankräich mat Pompjeesgefierer speziell fir Bëschbränn an Hausastierz oder déi belsch Kolleegen aus der Zone de Luxembourg mat engem Läschroboter. Zesumme konnte mer beweisen, dass een Hand an Hand ka schaffe fir d'zivil Sécherheet ze garantéieren.

Iwwregens, déi 4. Editioun vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile ass fir 2026 geplangt.

CGDIS
CGDIS – Aurélien Ternat

LG 3123

Le CGDIS est administré par un conseil d'administration composé de huit représentants étatiques et de huit représentants de conseils communaux. Des délégués représentant les différents acteurs composant le personnel du CGDIS peuvent assister au conseil d'administration avec voix consultative.

Le conseil d'administration du CGDIS

TEXTE & PHOTOS: CGDIS

Le 27 mars 2018 est une date charnière à retenir dans le monde de la sécurité civile luxembourgeoise : il s'agit du jour où la Chambre des députés, en exerçant la souveraineté nationale, a posé la pierre angulaire pour des services de secours professionnels, modernes et efficients au service de la population.

En votant unanimement la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile, la Chambre des députés a créé un corps national et uni, le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) sous la forme d'un établissement public sous la tutelle du ministre ayant les Services de secours dans ses attributions.

La forme juridique choisie n'est pas un hasard, mais un choix stratégique. En recourant à la forme d'un établissement public, le législateur a choisi d'unifier l'expérience et la connaissance du secteur communal, jusqu'alors responsable des missions de secours au niveau local, et celles de l'Etat, plus précisément, du ministre de l'Intérieur qui avait l'Administration des services de secours sous son aile. Ainsi, étant administré par un conseil d'administration composé de manière paritaire avec 8 représentants de l'Etat et 8 représentants du secteur communal, le CGDIS, en tant que bras opérationnel des 100 communes luxembourgeoises et de l'Etat, bénéficie d'une gestion consciencieuse grâce aux administrateurs qui, de par leur expérience, contribuent à la consolidation d'un esprit de corps.

Le conseil d'administration s'est réuni pour la première fois le 17 mai 2018 et se réunit depuis en moyenne une fois par mois afin de statuer sur toutes les affaires qui lui sont dévolues par la loi précitée du 27 mars 2018. Ainsi, depuis ses débuts, 79 réunions ont eu lieu dont ont découlé pas moins de 552 délibérations. Le ministre tutélaire peut, dans son rôle, être amené à exercer une surveillance sur les actes, notamment certaines décisions prises par le conseil d'administration.
Le directeur général et les directeurs fonctionnels, ainsi que six délégués représentant chacun un groupe déterminé de membres du CGDIS, assistent aux réunions du conseil d'administration avec voix consultative.

La présidence du conseil d'administration est actuellement assurée par Monsieur Alain Becker, administrateur représentant l'Etat, et la vice-présidence par Madame Lydie Polfer, administratrice représentant le secteur communal.

La composition du conseil d'administration du CGDIS est actuellement la suivante :

L'Etat est représenté par :

- Monsieur Alain Becker, représentant du ministre ayant les Services de secours dans ses attributions, Premier Conseiller de Gouvernement et directeur général de la sécurité civile au ministère des Affaires intérieures, assumant le mandat de président du conseil d'administration ;

- Madame Patricia Vilar, représentante du ministre ayant les Services de secours dans ses attributions, Conseiller de Gouvernement au sein de la Direction générale de la sécurité civile;

- Monsieur Steff Schaeler, représentant du ministre ayant les Affaires communales dans ses attributions, Premier Conseiller de Gouvernement et directeur de cabinet au ministère des Affaires intérieures;

- Madame Anabel Martins, représentante du ministre ayant les Affaires communales dans ses attributions, Chargée de la Direction des finances communales auprès de la Direction générale des Affaires communales, Conseillère;

- Madame Michèle Nothum, représentante du ministre ayant les Finances dans ses attributions, Inspecteur des finances au sein de l'Inspection Générale des Finances;

- Madame Claire Angelsberg, représentante du ministre ayant la Santé dans ses attributions, Conseiller de Gouvernement 1ère classe au ministère de la Santé et de la Sécurité sociale;

- Monsieur Marc Reiter, représentant du ministre ayant les Transports dans ses attributions, attaché au sein du Département de la mobilité et des transports, transports aériens, au ministère de la Mobilité et des Travaux publics;

- Monsieur Max Lamesch, représentant du ministre ayant la Coopération et l'Action humanitaire dans ses attributions, directeur adjoint au sein de la Direction de la Coopération au développement et de l'Action humanitaire du ministère des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et du Commerce extérieur.

Le secteur communal est représenté par:
Pour la zone de secours Centre:

- Madame Lydie Polfer, bourgmestre de la Ville de Luxembourg, assumant le mandat de vice-présidente du conseil d'administration;

- Monsieur Michel Malherbe, bourgmestre de la commune de Mersch.

Pour la zone de secours Sud:

- Monsieur Tom Jungen, bourgmestre de la commune de Roeser;

- Monsieur Michel Wolter, bourgmestre de la commune de Käerjeng.

Pour la zone de secours Nord:

- Monsieur Jeff Gangler, bourgmestre de la commune de Boulaide;

- Monsieur Charles Weiler, bourgmestre de la Ville de Diekirch.

Pour la zone de secours Est:

- Monsieur Paul Ruppert, bourgmestre de la commune de Flaxweiler;

- Monsieur Jos Schummer, échevin de la commune de Mertert.

Les délégués sont:

- Monsieur Martin Simon, représentant du cadre administratif et technique du CGDIS;

- Monsieur Mike Moeller, représentant du cadre des pompiers professionnels du CGDIS;

- Monsieur Frank Hermes, représentant des jeunes pompiers;

- Monsieur Marc Mamer, représentant la Fédération nationale des pompiers;

- Dr Philippe Welter, représentant du service d'aide médicale urgente (SAMU).

Le poste de représentant des pompiers volontaires du CGDIS est vacant à l'heure actuelle.

RPS GRAND-DUCAL
NCENDIE & SECOURS

Säit 2014 ass den Alain Becker am Inneministère täteg.
Haut besetzt hien de Poste vum Generaldirekter vun der Direktioun
vun der ziviller Sécherheet.

Den Alain Becker am Interview

Kënnt Dir Iech kuerz virstellen?

Ausser dass ech virun 53 Joer zu Esch an der Maternité op d'Welt komm sinn, hunn ech bis dato quasi nach kee Fouss aus Diddeleng gesat. Ech si bestuet a mir hunn en 18 jäerege Bouf.
Nom Lycée zu Diddeleng hunn ech d'Infirmiersschoul gemaach an hu mech an der Anästhesie a Reanimatioun spezialiséiert. Säit ëmmer hu mäi Beruffsliewen a meng Engagementer am Volontariat mateneen ze di gehat. Mat 22 Joer sinn ech schonn Zenterchef-adjoint a kuerz dono Zenterchef vum Diddelenger Zenter ginn. No 10 Joer am Escher Spidol op der Intensivstatioun an dono am OP an um SAMU, sinn ech 2001 an den LTPS gewiesselt wou ech fir d'Organisatioun vun der Ausbildung zum Infirmier-Anästhesist zoustänneg war. Enn 2014 sinn ech gefrot ginn, fir an den Inneministère ze kommen an eng Hand bei der Reform vun de Rettungsdéngschter unzepaken. Mëttlerweil sinn ech 10 Joer am Interieur, wou ech elo d'Funktioun vum Generaldirekter vun der Direktioun vun der ziviller Sécherheet erfëllen.

Dir waart ee vun den Haaptacteure vun der Reform vun de Rettungsdéngschter. Kënnt Dir eis soe wéi dat zestane komm ass?

An all deene Jore wou ech zu Diddeleng am Zenter aktiv war, hunn ech ëmmer erëm zesumme mat villen anere Matstreider drop higewisen, dass mer d'Rettungswiesen hei am Land onbedéngt reforméiere missten, well et ëmmer méi schwéier ginn ass, den Déngscht um Bierger ze garantéieren. Ech hu keng Geleeënheet verpasst, fir dat iwwerall ze soen, ze schreiwen an ze revendiquéieren – et huet sech eppes missen änneren. D'Iddi déi ënnert dem Minister Halsdorf entstane war, d.h. d'Schafe vun engem eenzege grousse Rettungsdéngscht, ass spéider vum Dan Kersch ëmgesat ginn. Zu dëser Joerhonnertreform, wéi se quasi vun alle Bänken aus der Chamber bezeechent gouf, mat bäigedroen ze hunn, war e groussen Challenge, dee mer awer och ganz vill Satisfaktioun bruecht huet. Dass dat zesummegewuess ass wat schlussendlech zesummegehéiert, an dass mer haut een eenzege grousse Corps hunn, ass gutt fir eist Land.

Dir sidd haut Generaldirekter vun der Direktioun vun der ziviller Sécherheet am Inneministère. Wat sinn d'Missioune vun dëser Direktioun a méi spezifesch Är Roll?

Mat der Schafung vum CGDIS, iwwert deen den Inneminister Léon Gloden d'Tutelle huet, ass och d'Notioun vun der ziviller Sécherheet gesetzlech verankert ginn. Dat wëll net heeschen, dass bis zu deem Zäitpunkt näischt an deem Beräich geschitt ass, mä par Analogie zu villen Inneministèren aus der EU ass mat der Schafung vun enger neier Direktioun, genau déi Politik vun der ziviller Sécherheet mat ëmgesat ginn. Vill nei Theme ronderëm d'Reduktioun vu Risiken, eng besser Alertéierung vun der Bevëlkerung a grondsätzlech eng méi resilient Gesellschaft si mëttlerweil e feste Bestanddeel vum Regierungsprogramm. Zesumme mat menger klenger awer dynamescher Equipe am MAINT maache mer eis iwwerall do bemierkbar wou mer der Meenung sinn dass d'Thema vun der ziviller Sécherheet muss gelauschtert ginn, an dat sinn der vill méi ewéi een unhëlt.

Dir schafft awer net nëmme fir de Ministère mee sidd och President vum Verwaltungsrot vum CGDIS. Wat sinn do Är Missiounen?

D'Roll vum President ass déi, de Verwaltungsrot ze leeden an eng ganz Partie vun Entscheedungen déi do geholl ginn, auszeféieren. Natierlech muss ech de CGDIS och op ville Plaze representéieren, woubäi awer eng kloer Trennung tëscht dem administrativen an dem operationelle Geschäft gemaach muss ginn. De permanenten Austausch deen ech mam Generaldirekter Paul Schroeder hunn, ass e Must, an dréit dozou bäi dass mer beim CGDIS optimal an effikass schaffen.

De Verwaltungsrot vum CGDIS ass u sech een aussergewéinlecht Konstrukt mat Representante vum Staat, de Gemengen a vum Rettungsdéngscht. Wéi ass et dozou komm?

D'Gesetz iwwert d'zivil Sécherheet definéiert d'Kompositioun vum Verwaltungsrot. Den Inneminister huet deemno 4 Vertrieder am Verwaltungsrot. D'Gesetz gesäit och nach vir dass de Poste vum President a vum Vizepresident all 3 Joer ofwiesselnd vun engem Vertrieder vum Staat, respektiv vun de Gemengen, besat gëtt. Deemno war ech vun 2018-2020 President an d'Lydie Polfer Vizepresidentin. Déi 3 Joren dono war et ëmgedréit. Säit dësem Joer ass et dann nees sou wéi am Ufank. Säit 6 Joer maache mer zesummen eng wonnerbar Aarbecht a mir hunn eng excellent Entente. Et muss ee soen dass de Modell vum CGDIS, en Etablissement public an deem de Staat an d'Gemenge gläichberechtegt Partner sinn, e ganz interessanten an efficace Modell vu Gouvernance ass.

Dir waart an der Vergaangenheet och fräiwëlleg am Rettungsdéngscht aktiv. Zielt eis e bësse méi doriwwer

Ech war ëmmer ee vun deene Wäissen, an eigentlech ni Pompjee, obwuel ech och de Sauvetage Cours gemaach hunn a mech ëmmer fir d'Feierläschwiesen interesséiert hunn. Aleng dass ech zu Diddeleng mam deemolege Kommandant Heng Glesener quasi als Binôme zesummegeschafft hunn, hunn ech awer och ëmmer ganz vill vum sougenannte roude Beräich matkritt. Natierlech ass de Secours à personnes, aleng och duerch meng berufflech Qualifikatioun, ëmmer meng Leidenschaft gewiescht. Well ech mech awer och duerch meng Aktivitéit um SAMU vill mat der Gestioun vun aussergewéinleche Situatiounen auserneegesat hunn, war d'Katastrophemedezin ganz schnell eng vu menge Preoccupatiounen. Duerch meng Erfarung bei grousse Manifestatiounen an och

aussergewéinlechen Accidenter, wéi z.B. de Rolling Stones um Kierchbierg oder de Michael Jackson um Krakelshaff, awer och den Zuchaccident op der Grenz Diddeleng-Zoufftgen, läit d'Thema ronderëm de Plan nombreuses victimes mer besonnesch um Häerz.

Wéi eng Plus-value huet dës Erfarung an d'Wëssen dat dir Iech an ärer professioneller Carrière am Spidolssecteur ugëeegent hutt an ärer aktueller Funktioun?

D'Formatioun als Infirmier war deemools net einfach well souwuel vill theoretescht Wëssen, wéi awer och handwierklech Fäegkeete verlaangt waren, souwéi den Ëmgang mat Mënschen déi sech an enger Kris befannen. Et ass e Beruff deen ech enorm gär gemaach hunn an ech géing och haut behaapten, dass e mech fir meng spéider Aufgaben déi ech an de Joren iwwerholl hunn, méi resilient gemaach huet, wat ech och gebraucht hunn.

6 Joer no der Grënnung vum CGDIS hutt Dir scho villes erlieft. Wann Dir awer ee Souvenir sollt verhalen, wéi ee kéint dat sinn?

Markéiert hu mech an deene 6 Joer scho ganz vill Situatiounen, awer virun allem déi vill engagéiert Leit, d.h. souwuel Fräiwëlleger wéi Berufflecher. Och Leit déi virdru guer näischt mam Rettungswiesen um Hutt haten, hu mech mat hirer Kompetenz an diverse Beräicher begeeschtert. Den Tornado am Kordall 2019 an och d'Iwwerschwemmungen 2021 hu mech op jidder Fall iwwerzeegt, dass et definitiv de richtege Choix war, de CGDIS ze grënnen. Ouni de CGDIS wär zwar villes gemaach ginn, mä vläicht awer net esou effizient. Déi, déi mech besser kennen, wëssen dass ech gären heiansdo grouss gesinn. Dofir war et och mäin Dram vun Ufank un, eemol all d'CGDISler mat hire Famillen a Frënn anzeluede fir hinnen MERCI ze soen. Dat hu mer mat der memorabeler 5-Joer-Feier bei der Luxexpo fäerdeg bruecht. An dat bleift fir mech perséinlech en onvergiessleche Moment.

Wat sinn aus Ärer Siicht déi grouss Defie fir de CGDIS an de nächste Joren?

Den Haaptdefi vum CGDIS bleift et, dem Optrag deen d'Politik an d'Gesellschaft virginn, d.h. wann Nout ass esou schnell ewéi méiglech ze hëllefen, gerecht ze ginn. D'Land entwéckelt sech dynamesch, domat entstinn nei a méi Risken, de Klimawandel ass leider kee Fake, an dofir ginn eis Asätz och kaum zeréck. Alles dat brauch vill a gutt Leit, adäquat Infrastrukturen a performant Material. An aus deem Grond brauch de CGDIS déi néideg finanziell Méiglechkeeten.

Wéi eng Wichtegkeet gesitt Dir am Volontariat vun der Zukunft? Wéi sollt dat Volontariat ärer Meenung no ausgesinn?

De Volontariat vun haut an och vu muer huet näischt méi mam Benevolat vu gëschter ze dinn. Ech wëll elo net soe wat besser war an ech sinn och keen deen an Nostalgie verfält a behaapt, dass fréier alles besser war. Mä deemools, an ech kucken zeréck wéi ech als Fräiwëllegen an der Protex ugefaangen hat, waren d'Ufuerderungen anerer ewéi haut. Natierlech hu mer ëmmer onst Bescht ginn an alles gemaach fir de Leit an Nout beschtméiglechst ze hëllefen. Haut sinn awer d'Erwaardunge vum Bierger dobausse ganz anerer wéi deemools, an dofir muss och de Volontaire deem haut gerecht ginn. Wichteg fir mech ass, dass mer dem Volontaire am CGDIS, deen ee vun den Haaptpiliere war, ass an och bleift, dat adequaatst Ëmfeld ubidden, wat méiglech ass. Eng gutt Ausbildung, eng gutt perséinlech Schutzausrüstung, eng gutt Konditiounen a modern Infrastrukture fir Déngscht ze maachen, gutt medezinesch Versuergung an déi richteg Unerkennung fir déi geleeschten Aarbecht. Mir stinn als CGDIS natierlech an direkter Konkurrenz zu villen anere Fräizäitofferen, an dat an alle Beräicher. D'Zil muss sinn, den attraktiivsten Ubidder ze sinn, wou jonk Leit iwwert d'Jugendpompjeeën de Wee bei eis fannen an duerno laang an eise Reie bleiwen. An dofir musse mer hinnen eppes ubidden. Onwichteg ass awer och net, dass mer eiser heterogener Gesellschaft zu Lëtzebuerg den Accès an eise Volontariat erméiglechen, an do musse mer eis méi opmaachen a kucken ewéi mer virun allem d'Sproochebarrière duerchbrach kréien. De CGDIS däerf net exklusiv vu Lëtzebuerger, an och nach haaptsächlech Männer dominéiert ginn.

Hutt Dir nieft Ärem Engagement fir d'zivil Sécherheet och Zäit fir aner Aktivitéiten/Hobbyen?

Natierlech! Ech kann nëmme jidderengem roden och emol eppes aneres ze maachen ewéi just ëmmer dat selwecht. Niewent Zäit mat menger Famill ze verbréngen, sinn ech e fanatesche Concertsgänger, op grouss a spektakulär Manifestatiounen ze goen ass menges. Meng nei Leidenschaft widmen ech elo neierdéngs dem Basket T71 Diddeleng, do geet am Moment vill Fräizäit drop, mä ech mengen dass ech dat brauch... seet op d'mannst meng Fra doheem.

Wëllt dir nach e Message un eis Lieser riichten?

Ech wënschen alle CGDISler op d'mannst déi Erfëllung an hirem Engagement déi ech och wärend ville Joren als Fräiwëllegen hat. Jo et muss ee vill hir ginn, vill Zäit, a vill Motivatioun hunn, mä et kritt een och enorm vill zeréck. Vill schéi Momenter mat Frënn, a ganz oft e Merci vun deene Leit deenen duerch säin Engagement gehollef konnt ginn an esouguer deenen hiert Liewe gerett gouf. Wat gëtt et méi Schéines ?

SAPEURS POMPIERS

En Ableck an e Stagen-dag am Centre national de Plongée zu Marseille

TEXTE & PHOTOS: Groupe de sauvetage acquatique - CGDIS

Vum 8. bis zum 14. Juni ware 16 Taucher an Taucherinne vum Groupe de sauvetage aquatique zu Marseille am Centre national de Plongée (CNP) vun der Ecole d'application de la Sécurité Civile (ECASC) fir hire Stage de plongée profonde.

All 3 Joer mussen Taucher un deem Stage deel huelen, d'Sektiounscheffe mussen all zwee Joer esou e Stage mat maachen.

All CGDIS-Taucher ass ausgebilt fir kënnen Asätz bis max. 60 Meter Déift duerch ze féieren. Bei dësem Stage ginn Exercicen an Uebungen a groussen Déifte bis 60 Meter gemaach.

An dëser Déift ass de Loftverbrauch siwe Mol méi héich wéi un der Uewerfläch duerfir muss besonnesch de Loftverbrauch am Ae behale ginn, net ze vergiessen dass op dësen Déiften all Taucher der Steckstoff-narkose ausgesat ass an dass d'Gestioun vum Tauchgang muss streng iwwerwaacht ginn.
Dat fänkt scho mam Plange vun de Plongéen un, hei sinn d'Sektiouns-cheffe Moniteur du jour a plangen dann den Tauchgang wat d'Déift an d'Zäit ubelaangt a wéi een Dekompressiounsgas benotzt soll ginn. D'ECASC liwwert eis déi Gasen déi mir froen.

Getaucht gëtt net no engem Computeralgorythmus mee no der franséischer Tauchtabell MT92 (Ministère du Travail 92).
Marseille bitt eng grouss Zuel vun Tauchsiten déi et erlabe bei gudder Siicht a Secherheetskonditioune all Zort vun Exercice duerch ze féieren. Um Site vum fréieren Institut National de la Plongée professionnelle forméiert d'ECASC, ënnert der Leedung vum Commandant Jean-Jacques Grenaud, net nëmmen franséisch Pompjéestaucher mais och Pilote an der Waaserrettung an am Iwwerliewen.

Den CNP huet 5 Booter mat enger Kapazitéit vu 84 Taucher an eng modern Fläschenfëllstatioun déi bis 300 Bar fëlle kann. Vill Pompjées-taucher kommen dohin fir hier Aus a Fortbildung. Wéi den CGDIS dëst Joer do war waren ënner anerem och Taucher vun der Brigade des Sapeurs Pompiers de Paris do wéi natierlech och Taucher vun der Brigade des Marins Pompiers de Marseille sou wéi vill anerer. Dat bréngt natierlech och e flotten Austausch iwwer Prozeduren an Equipementer mat sech.

En typeschen Dag um Stage fänkt um 7 Auer Moies mam Kaffi drénken u fir dann um hallwer 8 am Briefing ze sinn. De Briefing gëtt vum Moniteur du jour gehalen.

Dobäi gëtt iwwert den Tauchsite, d'Déift, d'Dauer d'Dekompressioun an den Exercice informéiert, dobäi muss en d'Wieder, de Wand an d'Welle berücksichtege fir eng sécher Plongée z'organiséieren.

Um 8 Auer fiert dann d'Boot eraus an d'Taucher sinn all am Neopren an d'Material ass fäerdeg montéiert an d'Secherheetsekipementer si kontrolléiert.

Um Tauchsite ukomm machen déi éischt Taucher sech prett während d'Secherheetstaucher d'Surveillance ufänken.

Wann all d'Palanqué'en aus dem Waasser si fiert d'Boot nees eran an da ginn d'Fläschen nees gefëllt fir d'Plongée Mettes.

Nom Iessen bleiwt eng hallef Stonn fir ze raschten an da geet et nees an de Briefing fir d'Plongée vum Nomëtteg.
Wann d'Boot am spéiden Nomëtteg erakënnt gëtt d'Material gebotzt an alles preparéiert fir den nächsten Dag.
Nom Owesiesse setzt de Groupe dann zesummen an diskutéiert iwwert den Dag an d'Chefs de Section machen sech Gedanken iwert den nächsten Dag.

Um Enn vun der Woch spiert jiddereen d'Auswierkunge vum Stéckstoff op säi Kierper an et kënnt scho mol vir dass engem d'Aen um Boot zou falen.

Der Verkehrsunfall im Tunnel - ein Blick nach Luxemburg

CGDIS, Jan Kanstein CGDIS

Ein Einsatzstichwort, das erst mal nach Routine klingt, beim zweiten Blick aber eine komplexe Lage für alle Beteiligte ist. Es bedarf einer strukturierten Vorplanung und besonderer Vorgehensweise. In Luxemburg finden im Rahmen der Wartungen jährliche Begehungen mit allen erst ausrückenden Wehren in den verschiedenen Straßentunnel statt. Der CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours-Grossherzogliche Feuerwehr und Rettungskorps) arbeitet eng mit der Strassenbauverwaltung zusammen, was die Begehung und Einsatzplanung angeht. Reale Einsatzübungen auf den jeweiligen Autobahnabschnitten, in den Tunnelanlagen, sind hierbei unerlässlich. Es ist unabdingbar zu wissen, wie die Bauwerke aufgebaut sind (Einröhrentunnel mit Begegnungsverkehr, 2-Röhrentunnel mit Galerien/Querschlägen) und auch funktionieren, welche Sicherheitseinrichtungen verbaut sind und wie diese im Einsatzfall arbeiten (Lüftungsanlagen, Fluchtmöglichkeiten, Steuerungsanlagen wie Ampeln und Schranken). Daraus resultieren sich einige wichtige Fragen: Muss die Alarm- und Ausrückeordnung (AAO) angepasst werden, ist die Anfahrt von beiden Seiten möglich? Kann man in die betreffende Röhre einfahren? Wie staut sich der Verkehr vor dem Tunnel? Wer fährt zuerst rein? Helfen Kamerabilder zur Lokalisation des Einsatzortes? Und ist die Kommunikation untereinander sichergestellt? (Funk). Einige dieser Punkte lassen sich im Vorfeld durch das Erstellen von Einsatzplänen festlegen und minimieren den Stress der Kräfte. Beim Eintreffen folgt dann die eigentliche Lageerkundung, die auch ein paar Besonderheiten beinhaltet und einen Einfluss auf die vorher genannten Punkte hat. Bedeutungsvoll ist die Beachtung der Strömungsverhältnisse im Tunnel, eine beginnende Rauchausbreitung kann große Folgen haben und die Lüftungsanlage eine wichtige Rolle spielen. Herrscht ein Gefälle im Tunnel besteht die Gefahr von wegrollenden Fahrzeugen und Gefahrstoffen. Der Fokus bei der technischen Rettung liegt auf den Patienten, können diese in der betroffenen Röhre versorgt werden oder kann ich diese evtl. in gesicherte Bereiche bringen. Muss ich gar im Vorfeld Plätze vordefinieren, auf denen ich größere Strukturen zur Versorgung aufbauen kann (oder auch Bereitstellungsräume)? Wie schon bemerkt, ein großer Mitspieler ist hier der Rettungsdienst (RD), der bereits während der Einsatzplanung einzubeziehen ist. Dem RD muss die Komplexität solcher Lagen vor Augen geführt und solche Szenarien müssen zusammen geübt werden. Das zeigt, wie komplex ein solcher Einsatz sein kann und es zeigt ebenso, dass ein Verkehrsunfall in einem Tunnel eben kein Standarteinsatz ist.

Publiziert in der Augabe 09/24 - BKS REPROTS

Säit 2013 ass de Poopst François de Kapp vun der kathoulescher Kierch an d'Gesiicht vum Vatikan. Bei senger Visitt hei zu Lëtzebuerg dëst Joer huet de CGDIS eng entscheedend Roll a punkto Secherheet gespillt.

Dispositif prévisionnel de secours — D'Visite vum Poopst François

TEXTE & PHOTOS: CGDIS

Donneschdes de 26. September war de Poopst François, Staatschef vum Vatikan a Chef vun der kathoulescher Kierch, op Invitatioun vum Grand-Duc zu Lëtzebuerg. Visitte vu Staatscheffen zu Lëtzebuerg sinn zwar keng Seelenheet, eng Visitt vun dëser Gréisstenuerdnung kënnt allerdéngs net oft vir. Wéi bei villen anere méi a manner groussen Evenementer muss de CGDIS fir d'Sécherheet suergen. Dëst bedeit eng gutt Virbereedung. An dësem Artikel wëlle mir iech en Abléck ginn, ewéi en Dispositif geplangt gëtt, dëst ëmmer mat engem spezielle Bléck op d'Visitt vum Poopst. Zesummegefaasst besteet d'Opstelle vun engem Dispositif aus de follgenden Etappen:

- Sammele vun Informatiounen iwwert d'Evenement;
- Risiko Aschätzung;
- Plange vum Dispositif;
- Ausféiere vum Dispositif;
- Retex.

Sammele vun Informatiounen iwwert d'Evenement:

Bei all Dispositif besteet den éischte Schrëtt doraus, déi wichtegst Informatiounen iwwert d'Evenement ze sammelen, wéi Datum, Dauer, Lokalitéit, Typ vun der Manifestatioun, Unzuel u Leit an Zilgrupp. Bei der Visite vum Poopst hunn d'Virbereedungen den 8. Mee ugefaangen, dëst a Form vun enger Versammlung, déi vun der Maison du Grand-Duc am Palais aberuff ginn ass. Nach befiert offiziell bekannt war, dass de Poopst François op Lëtzebuerg komme géif, goufe Vertrieder vum CGDIS, Police, Staatsministère an der kathoulescher Kierch schonn iwwert dës Visite informéiert a mam Oflaf vertraut gemaach. Vun deem Dag u sinn am CGDIS och d'Virbereedunge fir dëst Evenement ugelaf.

Am weidere Verlaf sinn eng sëlleg weider extern an intern Reuniounen organiséiert ginn: Reuniounen am grousse Krees am Palais, Sécherheet- a Mobilitéit Reuniounen zesumme mat der Police, Ville de Luxembourg a Maison du Grand-Duc, Reunioune mat der Kierch an intern Planungs-Reuniounen. Zil vun all dëse Reunioune war et, esou vill Informatioune wéi méiglech ze kréien, a sech mat deenen aneren Entitéiten ofzestëmmen.

Risiko Aschätzung:

E wichtege Volet beim plange vun engem Dispositif ass d'Risiko Aschätzung. Heibäi geet et dorëmmer ze ermëttelen, op vun der Manifestatioun e gewëssene Risiko aus Siicht vun de Rettungsdéngschter ausgeet, Spréch dass mat enger gréisserer Unzuel un Asätz ze rechnen ass. Dëst kann ënnert anerem zesummenhänke mat:

- der Unzuel u Spectateuren;
- dem Typ vun der Manifestatioun an dem domat zesummenhängende Public;
- Sportsevenement, Concert, Bal, ...;
- der Dauer vun der Manifestatioun;
- dem erwaarte Wieder;

TEXTE & PHOTOS: CGDIS

- der Accessibilitéit vum Site an den Alentouren (Quartieren, Stroossen, Deeler vun der Stad).

Fir dës Aschätzung duerchféieren ze kënnen, baséiert sech de CGDIS op déi gesammelt Informatiounen, berücksichtegt awer gläichzäiteg och méiglech Erfarungen aus deene leschte Joren.

Zousätzlech ermëttelt de CGDIS, op d'Evenement en Afloss op dem CGDIS seng regulär Missiounen huet, sprëch op d'Couverture opérationelle am SAP an INCSA negativ impaktéiert gëtt.

Wärend eng Risiko Aschätzung bei Concerte beispillsweis méi einfach ze realiséieren ass, ass dëst bei der Staatsvisitt vum Poopst méi komplizéiert. Dëst hänkt virun allem mat de villen Inconnue vun der Visitt of. Déi gréissten Onbekannt ass, wéi vill Spectateuren de Wee an d'Stad fannen. Biller aus dem Ausland loossen dorop hindeiten, dass dës Visitt ganz vill Leit unzéie kéint, wat awer direkt mam Wieder zesummenhänke kéint. Well dëst net kloer ass, muss de CGDIS eng Aarbechtshypothes opstellen, ënnert där den Dispositif ermëttelt a geplangt gëtt.

Plange vum Dispositif:

Baséierend op de gesammelten Informatiounen an der Risiko Aschätzung entscheet de CGDIS, op en Dispositif gestallt gëtt oder net. Dës Entscheedung gëtt am Prinzip vun der Zone de secours, a Concertatioun mam CIS getraff. Kënnt een zum Entschloss, dass en Dispositif gestallt gëtt, gëllt et dëse richteg ze dimensionéieren. Bei Concerte baséiert de CGDIS seng Entscheedung op eng Prescriptioun vun der ITM, bei aner gréisseren Evenementer, déi net an engem geschlosse Raum stattfannen ass dëst allerdéngs net méiglech. Hei muss den Dispositif duerch Erfarungswäerter (aus dem In- an Ausland) an ënner Berücksichtegung vun der Risiko Aschätzung ermëttelt ginn.

Fir d'Sécherheet vun den erwaarten zéngdausende Leit ze garantéieren, eng schnell éischt Versuergung sécherzestellen, net onbedéngt néideg Transporter an d'Klinik ze evitéieren an d'Couverture operationelle anzehalen, ass fir d'Staatsvisitt vum Poopst e gréisseren Dispositif geplangt ginn. Esou sinn Equipes mobiles (SAP an INCSA), RTW, e Läschzuch a PMAen an der Stad virgesi ginn.

Fir den Dispositif personell kënnen ze stellen, ass op d'Hëllef vu Fräiwëllegen aus deene 4 Zones de secours vum Land, an op eng supplementäre Schicht vum CIS Luxembourg zeréckgegraff ginn. Zousätzlech hunn d'Leit vun der Chaîne de commandement an der DMS misste gesicht an agedeelt ginn.

Nieft dem Personal mussen awer och d'Strukture fir den Dispositif organiséiert ginn: Standuerter fir d'PMA'en, Stellplaze fir d'Asazgefierer, Transport, ...

Eck-Punkte vun der Aschätzung bei der Poopst Visite:

- Zéngdausende Spectateuren erwaart, dorënner vill eeler Leit
- Manifestatioun déi iwwert vill Stonne geet
- Impakt vum Wieder: bei Hëtzt respektiv Reen/Keelt
- Héisch Risiko Aschätzung vun der Police
- Groussen Impakt op den Trafic
- Déi betraffe Quartiere vun der Stad si nëmme schlecht accessibel fir regulär Asätz

Ausféiere vum Dispositif an de Retex:

Den Dispositif gouf den Dag vun der Visitt ëmgesat, mat engem Fokus op Flexibilitéit, well Faktore wéi z.B. d'Wieder oder de Flux vum Public en onberechenbaren Afloss hunn. Sécherlech gi verschidde Zenarien jee no Etapp vun der Visitt an der Planung vum Dispositif duerchgespillt an ofgedeckt, mee d'Flexibilitéit ass awer e wichtege Faktor, fir dem COS och kënnen den néidege Fräiraum ze gi fir kënnen Upassungen um Dispositif ze decidéieren.

Schlussendlech ass eng Evaluatioun (Retex) virgesinn, wou de CGDIS seng Erkenntnisser zesummeleet, fir bei weideren Evenementer nach besser virbereet ze sinn.

D'Visitt vum Poopst war e Beweis wéi wichteg d'Zesummespill vu ville Servicer an Institutiounen (intern am CGDIS wéi och extern) ass. Dëst huet et erméiglecht, esou eng gréisser Manifestatioun sécher ze gestalten.

E puer Zuelen zum Evenement:

Dispositif:

- Verstäerkung vum CSU-112
- Aktivatioun vum CGO
- Asazleedung ELW3 am Haff vun der Cité judiciaire
- Verstäerkung vun der operationeller Ofdeckung vun der Stad
- 130 fraiwëlleg a professionell Pompjeeën
- Casernement vu verschidden Nopesch-CISen + Spezialgefierer
- 50 casernéiert RTWen duerch d'ganz Land
- 2 PMA (Poste médical avancé)
- 12 Equipes mobiles SAP
- Croix rouge (2 RTW + 1 Equipe mobile)
- 3 Binômes INCSA (Cercle Cité + Kathedral)
- GISen: CSL, GACO, GATO, NRBC

Bilan:

- 9 Asätz wouvunner 2 Evakuatiounen an d'Spidol

Kategorisatioun vun de CISen

1.1 Kontext

Am Kader vum Iwwerschaffe vum Règlement Opérationnel gouf och d'Kategorisatioun vun de CISen reevaluéiert. Déi initial Kategorisatioun, déi am Kader vun der Grënnung vum CGDIS éischtmoleg festgeluecht gouf, konnt esou un déi néi Gegebenheeten ugepasst ginn. Doduerch datt eis Land sech iwwert d'Joren och verännert (z.B.: Bevëlkerungszouwuess, gréisser Bauprojeten, etc.), muss och de CGDIS dësen neie Risiken ëmmer erëm Rechnung droen an sech upassen. Am Verwaltungsrot vum Juni 2024 goufen déi adaptéiert Kategorië validéiert an iwwert d'Chefs de zone gëtt séchergestallt, datt all Zenter informéiert gëtt.

D'Kategorië vun de CISen hunn zum Zil, eng standardiséiert an eenheetlech Struktur an déi operationell Organisatioun vum CGDIS ze bréngen. Esou ka séchergestallt ginn, datt de CGDIS iwwerall am Land eng vergläichbar Äntwert op déi alldeeglech Risiken (Medezinesch Noutfäll, Autosaccidenter, Bränn, etc.) ka bidden.

D'Kategorien definéieren dofir engersäits déi verschidden Departe vun engem CIS (Secours à personnes, Incendie-Sauvetage oder Autre), an dorausser ofgeleet wéi vill Pompjeeën de CIS muss disponibel hu fir dës Missioune kënnen ze erfëllen – de sougenannte Potentiel opérationnel journalier (POJ).

1.2 Methodik

D'Iwwerschaffe vun de Kategorië gouf duerch eng standardiséiert an op objektive Critèrë berouener Method duerchgefouert. D'Grondlag heifir ass eng Risikoanalyse pro Asazsecteur, unhand vun där konnt ermëttelt ginn, wéi vill Moyenen fir déi alldeeglech Geforenofwier an deem Secteur jeeweils néideg sinn.

1.2.1 INCSA: Definitioun vun de Secteuren

An enger éischter Phas hu missen d'Asazsecteuren definéiert ginn. Als Referenzpunkten hunn d'Uertschaften, Quartier'en a Lieux-dits aus der offizieller Lëscht vum Kadaster gedéngt. Ronderëm dës goufe sougenannt Thiessen-Polygone erstallt fir d'Land an eng Aart Puzzle opzedeelen.

Fir all Uertschaftspunkt konnte mat engem geographeschen Informatiounssystem (GIS) per Routing déi dräi séierst CISen aus der Ëmgéigend identifizéiert ginn. Och goufen d'Fuerdistanzen ermëttelt. Dës Informatioune waren d'Grondlag fir d'Secteuren unzepassen, woubäi de Prinzip vum lokalen CIS, spréch dem CIS aus der Gemeng, wäitgoend bäibehale sollt ginn, well de Bezuch zu de Gemengeresponsabelen, d'Uertskenntnis an d'Präventioun um Gemengenniveau weider eng wichteg Roll spillen. Do wou d'Antreffzäiten duerch d'Upasse vum Secteur awer spierbar konnte verbessert ginn, goufen déi néideg Upassungen a Gespréicher tëscht dem zoustännege Chef de zone, der DCO an der DSO decidéiert. Nodeems fir all Uertschaftspunkt de kompetenten CIS festgeluecht gouf, konnten d'Thiessen-Polygoner zu de finale Secteuren zesummegefouert ginn.

1.2.2 INCSA: Risikoanalys vun de Secteuren

D'Risikoanalys vun de Secteure beschränkt sech op de «Risque



courant», also déi Risike mat deene mir am Alldag ze dinn hunn, spréch Feier, Accidenter, technesch Hëllefsleeschtungen. Ausgeschloss bei dëser Betruechtung si spezifesch Risiken, wéi grouss Industriesite, Vegetatiounsbränn oder Iwwerschwemmungen. Fir de Risiko kënnen ze bewäerten, goufe follgend Indicateure berücksichtegt:

- Awunnerzuel;
- Unzuel vu «Bâtiments bas»;
- Unzuel vu « Bâtiments moyens et élevés » zesummen;
- Unzuel vu Gebaier mat vulnerabelem Public, wéi Schoulen, Crèchen, Altersheimer, oder soss Pflegestrukturen;
- Industrie- a Gewerbefläch (ha).

Dës Donnéeë louchen all a raimlecher Form vir, sou dass se konnte mat de Secteure iwwertenee geluecht ginn an d'Zomm vun de Wäerter pro Secteur konnt gebilt ginn. Vir d'Zuelen tëscht de Secteure besser matenee vergläichen ze kënnen, goufen d'Wäerter vun 0 – 5 klassifizéiert. Déi klassifizéiert Wäerter vun deene 5 Risikoindicateure goufe schlussendlech pro Secteur summéiert. De Risikowäert geet also vun 0 – 25 a gouf a 4 Klassen ënnerdeelt: gerénge, mëttleren, héijen a ganz héije Risiko.

Hei e Beispill fir d'Prozedur ze verdäitlechen.

Indikator	Wert (absolut)	Wert (klassifizéiert)
Awunnerzuel	2240	2
Unzuel vu Bâtiments bas	1261	2
Unzuel vu Bâtiments moyens an élevés	42	2
Unzuel vu Gebeier mat vulnérablem Public	4	1
Industrie-Gewerbefläch	34 ha	3
	Risikowert vum Secteur	**10 (geréng)**

1.2.3 SAP: Berechnung vun den RTW

Unhand vun den historeschen Asazdaten konnt mat statistesche Methoden de Bedarf un RTW pro CIS (mat RTW) berechent ginn, dëst mat enger diskreter Warscheinlechkeets-analys baséierend op der «Loi de Poisson». De Bedarf kann nämlech net einfach mam duerchschnëttlechen Asazopkomme pro Dag a Stonn berechent ginn, mä muss un der Heefegkeet vu parallel optriedenden Asätz berechent ginn. D'Method ass international etabléiert a gëtt am «Regelwerk zur Bedarfsplanung Rettungsdienst» am Detail beschriwwen.

1.2.4 Final Kategoriséierung

Als éischte Krittär gouf gekuckt, ob en CIS en Depart SAP a Form vun engem RTW stellt, well dëst direkt virgëtt, ob en CIS an eng Kategorie II bis oder méi héich fält, oder net. Duerno gouf de Risikowert vum Secteur gekuckt an duerch dat reellt Asazopkommen géigegepréift. Weiderhi gouf gekuckt, ob de First Responder an engem Secteur absolut néideg ass fir d'SAP Couverture a 15 Minutten ze garantéieren. Och ass mat agefloss, ob en CIS en Hubrettungsfahrzeug ze besetzen huet, eng Désincarcératiounsmissioun oder soss Sondermissiounen, respektiv regional Ënnerstëtzungsmissiounen huet. Och lokal Spezifizitéite sinn a Reuniounen tëscht de Chefs de zone, der DCO an der DSO beschwat gi fir déi final Kategorie an den entspriechende POJ pro CIS festzeleeën.

1.3 Resultat

26 vun de 95 Asazzentere vum CGDIS sinn no der neier Kategoriséierung an der Kategorie I ageuerdent. Dës Zentere spille fir d'Erreeche vun de 15 Minutten um lokalen Niveau an hirem Asazsecteur eng ganz wichteg Roll, ënnert anerem duerch de First Responder, mä natierlech och mam LF fir de Volet Incendie-Sauvetage. Wann dës Zenteren eng staark Equipe u Fräiwëllegen hunn, da kënnen si nieft hire lokalen Aufgaben och eng regional Sonderaufgaben iwwerhuelen (z.B. Besetze vun engem TLF-W).

45 Zentere sinn an der Kategorie II ageuerdent, dat heescht, si decken am Incendie-Sauvetage een Asazsecteur of, an deem méi een héije Risiko besteet an doduerch och méi Asätz ufalen. Och een Zenter vun der Kategorie II ka regional Sonderaufgaben iwwerhuelen, oft mat Equipement wat ee spezielle Risiko an der Regioun ofdeckt (z.B. ee Boot wann de CIS bei engem Floss ass).

Déi verbleiwend 24 Asazzentere vun de Kategorien IIbis, III, IV a IVbis sinn nieft dem Incendie-Sauvetage, wou si oft och méi Sondermissiounen sécherstellen, och fir den Ambulanzdéngscht zoustänneg. Dës Zenteren hunn an der Reegel och eng regional Roll, zum Beispill an der zonaler Logistik mam Otemschutzatelier.

Duerch dëst komplementar Zesummewierke vun de 95 CISen kann de CGDIS iwwerall am Land der Bevëlkerung een effikasse Rettungsdéngscht bidden an ass och opgestallt, fir am Fall vu gréisseren Asätz sech tëscht den Zentere géigesäiteg ze ënnerstëtzen.

De Summer iwwer goufen et viller uerts am Land eng ganz Rei Jugendpompjee-Campe mat flotte Summeraktivitéiten. Op den nächste Säite fannt Dir e klengen Abléck an déi flottste Momenter aus dësem Summer.

Communauté

Summerspaass bei de Jugendpompjeeën

CGDIS CGDIS





LA RELÈVE EST ASSURÉE







Alarmierung der Rettungsdienste - Gestern und Heute

Autoren: Christophe Lemmer, Christopher Schuh DCO-DCO ; Laurent Breyer DML-ICT CGDIS

In der modernen Rettungswelt Luxemburgs sind Funkmeldeempfänger unverzichtbar. Seit Jahrzehnten bilden sie das Rückgrat der Alarmierung und Kommunikation für Feuerwehr, Rettungsdienste und den Zivilschutz. Was einst mit einfachen Sirenensystemen begann, hat sich durch stetige technologische Fortschritte zu einem komplexen, aber effizienten Alarmsystem der Einsatzkräfte entwickelt.

Noch bis in die frühen 1980er Jahre wurden die Einsatzkräfte überwiegend durch Sirenen alarmiert. Diese Methode war unpräzise und unpraktisch, da nur ein Generalalarm für alle Feuerwehrleute einer Ortschaft möglich war. Es gab keine direkte Verbindung zur Leitstelle – die Sirenen mussten manuell vor Ort ausgelöst werden. Die Leitstelle rief daher Personen an, die in der Nähe der Sirenen wohnten, um sie zu bitten, den Alarm auszulösen. Dieser umständliche Prozess sorgte für Verzögerungen und machte es den Einsatzkräften schwer, flexibel zu reagieren, und gab der Leitstelle 012 nur wenig Koordinations- und Reaktionsmöglichkeiten.

Ähnlich beschwerlich war es für alle, die in einem Dienstplan eingetragen waren, sei es für den Ambulanz- oder Rettungsdienst (Sauvetage) der Protection Civile. Bei Bedarf dieser Einsatzmittel mussten die Einsatzkräfte vom Dienst dann einzeln von der Leitstelle 012 telefonisch alarmiert werden, was zur Folge hatte, dass sich diese Personen während ihres Dienstes im Bereich des Festnetztelefons aufhielten, da es zu dieser Zeit auch noch keine Mobiltelefone gab.

Mit der Einführung der ersten analogen Funkmeldeempfänger, wie dem Motorola Pageboy II, begann ein neues Kapitel in der Alarmierung. Plötzlich konnten Alarme gezielt an einzelne Einsatzkräfte gesendet werden, was den gesamten Ablauf deutlich beschleunigte. Die Geräte nutzten eine einfache 5-Ton-Technik, um akustische Signale zu übermitteln, was jedoch auch Schwachstellen mit sich brachte. So konnten Funkfrequenzen leicht abgehört werden, was die Sicherheit der Kommunikation einschränkte.

Als kleine Anekdote: Es gab Mitglieder in unseren Reihen, die über ein so feines Gehör verfügten, dass sie beim Hören einer solchen Tonfolge (Alarmierung) sofort wussten, welche Personen oder Gruppen gerade alarmiert wurden. Ebenso waren sie in der Lage, eine solche Tonfolge auf einer Orgel nachzuspielen und damit über die richtige Funkfrequenz verschiedene Pager zu aktivieren.

Die wachsenden Anforderungen an die Rettungsdienste und der technologische Fortschritt führten in den 1990er Jahren zu einem weiteren wichtigen Schritt: Der Übergang zur digitalen Alarmierung. Die neuen digitalen Funkmeldeempfänger nutzten den POCSAG-Standard, der nicht nur eine sicherere Übertragung ermöglichte, sondern auch die Übermittlung von verschiedenen Alarmierungscodes und Signalcodes. Somit konnte mit der Einführung von den Motorola Firestorm Pagern Alarmierungen mit verschiedenen Alarmtönen und Sprachausgaben gemacht werden. Zu dieser Zeit aktive Mitglieder werden sich sicherlich an den Alarmton und die Sprachausgaben „AMBULANZ“ oder „FEIER“ erinnern.

Später wurden die Firestrom Pager durch Weiterentwicklung der Technologie durch die Motorola LX Serie ersetzt. Von nun an war die alphanumerische Alarmierung möglich, sprich das Versenden von Textnachrichten. Diese Geräte setzten neue Maßstäbe in Sachen Zuverlässigkeit und Effizienz. Dank der Möglichkeit, kurze Textnachrichten zu empfangen, konnten Rettungskräfte nun schneller und präziser reagieren. Gleichzeitig boten die neuen Modelle eine verbesserte Tonalarmierung, mit der unterschiedliche Nutzer oder Einsatzgruppen gezielt alarmiert werden konnten.

Mit den digitalen Meldeempfängern wurde die Alarmierung zunehmend automatisiert und effizienter gestaltet. In vielen Fällen wurden Alarmtexte gleichzeitig mit den akustischen Signalen versendet, wodurch die Rettungskräfte sofort alle relevanten Informationen erhielten. Auch die Netzwerkinfrastruktur in Luxemburg wurde in diesen Jahren stetig verbessert, sodass die Alarmierung selbst in abgelegenen Gebieten zuverlässig funktionierte.

Die zunehmende Vernetzung der Welt machte auch vor den Rettungsdiensten nicht halt. In den 2010er Jahren wurde die Alarmierung durch die Leitstelle CSU-112 durch einen parallele SMS Alarmierung auf die Mobiltelefone der Mitglieder ergänzt. Damit waren die Einsatzkräfte nicht mehr nur auf Funkverbindungen angewiesen, sondern konnten auch über das GSM-Netz alarmiert werden. Dies erhöhte die Flexibilität, die Redundanz und die Reichweite der Alarmierungen. Parallel erfolgte der Flottenwechsel zu den aktuell im Dienst stehenden Oelmann LX8 Pagern.

Mit der Einführung vom neuen Einsatzleitsystem SECUR-CAD im Jahre 2016 und dem Tetra Digitalfunksystem 2017 ergaben sich neue komplementäre Alarmwege:

- Alarmdepeschen via FAX, Printer und Email;
- SDS auf die RENITA Funkgeräte / LARDIS;
- Gong/Wachalarmierung in einigen großen Wachen.

Die Einführung von SMS-to-Pager in den 2020er Jahren ermöglichte es, eine Textnachricht per SMS parallel auf den Pager zu schicken und so die Redundanz zu verstärken und die Schnelligkeit der Pager-Alarmierungen zu erhöhen. Diese neuen Funktionen wurden auf bereits bestehende Modelle wie den Oelmann LX8 implementiert, was die Alarmierungsprozesse weiter verbesserte und die Einsatzkräfte noch schneller auf Notfälle reagieren ließ.

Derzeit verfügt das CGDIS über ca. 5600 Meldeempfänger.

Ein Blick in die Zukunft:
In naher Zukunft plant das CGDIS einen erneuten Flottenwechsel der Pager, welche weiterhin auf die bewährte und resistente POCSAC Technologie setzt, gepaart mit einem 2. redundanten digitalen Alarmierungsweg der Pager. Aktuell wird das Ausschreibungsverfahren von unseren ICT Experten vorbereitet.

Darüber hinaus, laufen im Rahmen der „PNOS“ Arbeitsgruppen Planungen, zusätzlich Alarmierung, Rückmeldung und Kommunikation mittels App's, Tablet's in den Einsatzfahrzeugen und Wachalarmdisplay's noch effizienter und kompletter zu gestalten.

Wie könnte man sich eine Alarmierung in der Zukunft vorstellen? Wer den Film „Zurück in die Zukunft“ kennt, weiß, dass eine Vorhersage der Zukunft eine sehr ungenaue Angelegenheit ist. Ungeachtet dessen würden wir an dieser Stelle gerne eine Prognose zur Alarmierung im Jahr 2050 abgeben. Das Tragen eines Pagers wird von manchen als störend empfunden. Daraus resultiert der Wunsch, die Pager immer weiter zu miniaturisieren. Bereits heute ist ein Pager, der einem Schlüsselanhänger ähnelt technisch realisierbar. Jedoch gibt es keinen Hersteller, der so ein Gerät baut. Möchten wir 2050 noch Schlüssel mit uns herumtragen? Eher nicht!

Wo liegen die Grenzen der Miniaturisierung? Der Pager wird auf den folgenden Gedanken reduziert: „Die Alarmierung muss schnell und zuverlässig bei dem Rettungsdienst ankommen!“ Eine kleine schwarze Kiste mit sich herumzutragen wird den Leuten in der Zukunft genauso abstrus vorkommen wie 1980, als Einsatzkraft neben einem Telefon sitzend auf den Notruf zu warten. Der Pager wird in der Zukunft durch ein Gerät ersetzt, das viele verschiedene Aufgaben gleichzeitig erfüllt. Dieses Gerät wird die Einsatzkräfte alarmieren und mit allen notwendigen Informationen versorgen und die gesamte Kommunikation abwickeln. Die Zukunft ist smart, und Geräte die keinen Mehrwert bieten, sind vom Aussterben bedroht.

Heute sind Funkmeldeempfänger nicht mehr nur einfache Alarmgeräte, sondern hoch entwickelte Kommunikationsmittel, die einen reibungslosen Ablauf der Feuerwehr und Rettungsdienste garantieren. Dank kontinuierlicher technologischer Innovationen haben sie die Effizienz und Präzision der luxemburgischen Rettungskräfte erheblich gesteigert und tragen dazu bei, dass die Sicherheit der Bevölkerung gewährleistet ist. Was einst mit einer einfachen Sirene begann, hat sich zu einem unverzichtbaren High-Tech-Werkzeug entwickelt, das auch in Zukunft eine zentrale Rolle im Rettungswesen spielen wird.

D'Téin kanns de hei lauschteren:

#CGDIS112

Partagez votre quotidien avec nous !

Taguez vos photos d'exercices,

de formations, de vie dans la caserne, etc.,

en utilisant le hashtag #CGDIS112.

#cgdis112
Simulatioun vun engem Brandasaz mat Mënscherettung an der Abtei neimënster an der Stat Lëtzebuerg

#cgdis112
Octobre rose

#cgdis112
Movember, ewéi och den internationalen Männerdag, den 19. November, setze sech all Joer am November fir d'Männergesondheet an.

#cgdis112
All Joer organiséiert d'Administration de la nature et des forêts (ANF) en Aarbeschtsécherheetsdaag fir Bëschaarbechter, iwwert déi verschidde Sécherheet-saspekter opzeklären.

#cgdis112
Hannert der belscher Grenz bei Tontelange, koum zu enger Persounesich vun enger vermësste Persoun.

#cgdis112
Am Kader vun der journée nationale de la sécurité civile hunn de Comité d'organisation zesumme mat der Zone de secours Est an dem CIS Echternach eng Spendenaktioun lancéiert.

#cgdis112
Le monoxyde de carbone

#cgdis112
Il est l'heure (d'hiver) de contrôler vos détecteurs de fumée

#cgdis112
Wärend de leschten 2 Joer hu 5 Memberen aus dem Groupe de sauvetage aquatique (GSAQ) vum CGDIS hir Weiderbildung vum Stréimungsretter zum Rettungstaucher verfollegt an hunn elo hiren Examen zum GSAQ III erfollegräich ofgeschloss.

#cgdis112
Assermentation de 11 pompiers professionnels et d'un expéditionnaire technique dirigeant

TEXTE & PHOTO : Yves Damy

Den «Officier Development Program» vun der FEU

Dëst Joer huet fir d'éischte kéier een Offizéier vum CGDIS um « Officier Development Program» vun der FEU (Federation of EUropean fire officers) zu Arnheim deelgeholl.

D'FEU gëtt et säit Ufank de 90er Joren a regroupéiert d'Interête vu Rettungs a Pompjeesorganisatiounen aus 24 europäesche Länner. Haaptmissioun vun der FEU ass den Austausch an d'Verbreedung vu Wëssen, Informatiounen an Erfarungen, sou wéi d'Interête vun de Rettungsservicer vis a vis vun den Europäeschen Institutiounen ze vertrieden.

Zousätzlech mécht FEU Ustrengungen am Beräich Entwécklung vun Offizéier, fir jonk an erfueren Offizéier mat de Challengë vun der Zukunft, getrei hirem Moto «Sharing, Inspiring, Improving» ze confrontéieren. Ënnert dëse Volet fält den «Officer Development Program» deen dëst Joer seng Drëtt Editioun hat.

Insgesamt 27 Offizéier aus 17 Länner (Europa awer och den USA an Ecuador) si vum 27.05 bis den 31.05 zu Arnheim an Holland am «Nederland Instituut Pulbieke Veilgheid», wou och d'Offizéier aus Holland ausgebilt ginn, zesummekomm.

Leitthema vun der Woch war, wéi een an Europa e méi nohaltegen an zukunftssécheren Rettungsdéngscht ka schafen, dëst a Relatioun mat all de Challengen déi d'Rettungsdéngschter vun Haut beaflossen an op eis duerkomme wäerten. (Klimawandel, kënschtlech Intelligenz, evoluéiere vu Work-Life-Balance, Diversitéit)

Nieft interessante Präsentatiounen an de Beräicher Nohaltegkeet am Asaz, Resilienz vun de Bierger, Impakt op Politik goufen et och interaktiv Workshops zu Theme wei Nohaltegkeet am Alldag vum Rettungsdéngscht, Diversitéit a mental Gesondheet. No enger Woch Aarbecht konnt de Grupp vun de 27 Offizéier dem Comité Directeur vun der FEU hier Visiounen an Iddien zu den uewe genannte Sujete präsentéieren.

Nieft de gesammelten Infoen an Dokumentatioune sinn esou Austauschprojete wichteg fir sech an Europa an am Rescht vun der Welt mat anere Rettungsdéngschter ze vernetzen an iwwert dëse Wee Infoen, Donnée an Erfarungen um kuerze Wee auszetauschen.

D'Editioun 2025 wäert zu Lund a Schwede sinn.



LUXEMBOURG

Tirage au sort JNS avec Lio

CGDIS CGDIS

Eist Maskottchen, de Lio Liewensretter, huet déi glecklech Gewënner vum Jugendrallye vun der Journée Nationale de la Sécurité Civile gezunn.

D'Gewënner dierfen sech op e Besuch an e Fräizaitpark mat hirer Famill freeën.

LUXEMBOURG

Wanterquiz - Gewannt 20x4 Kinosticketen

CGDIS Freepik

Scan de Qr-Code a maach mat bei eisem Wanterquiz. Du hues d'Chance fir 20x4 Kinosticketen ze gewannen.

Vill Gléck!

MANIFESTATIONS

CGDIS

02 MAR
CGDIS SPIRIDON RUN
CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

15 MAR
JOURNÉE D'INFORMATION RECRUTEMENT
CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS
INSCRIPTION JUSQU'AU 09 MARS

26 MAR
REMISE DES DIPLÔMES
CAMPUS UNI BELVAL

18 JUIN
REMISE DES MÉDAILLES
GREVENMACHER

23 JUIN
DÉFILÉ DE LA FÊTE NATIONALE
LUXEMBOURG

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, CIS oder soss eng Manifestatioun?
Deelt eist dëst mat op communication@cgdis.lu

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Méi Informatiounen an weider Manifestatiounen fannt dir hei:

MAT LU-Alert GESÄIS DU ET KOMMEN.

Bien alerté pour réagir correctement.

LU Alert

LE SYSTÈME D'ALERTE NATIONAL

Téléchargez l'**application LU-Alert.**

www.lu-alert.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG